Duerfir wollt ech dat vläicht eng Kéier soen.

Et ass erwisen, datt mer, wa mer wëlle vun där Assistanat-Schinn erofkommen, a wa mer wëllen alles maachen - an dat wëlle mer jo -, fir datt deen Assistanat sech net pérenniséiert, mer Entwécklungspolitik brauchen, Entwécklungshëllef brauchen an och Regelen am Kader vum Commerce. Mä Regelen am Kader vum Commerce, déi esou sinn, datt d'Entwécklungslänner net de Kopplabunz schloen, mä datt se kënne vun deenen Ouverturë profitéieren. Duerfir hunn ech och an enger ganzer Rei Gespréicher mat afrikanesche Statschefen, Ministeren, Ambassadeuren an anere Vertrieder déi Froen all duerchdiskutéiert, wat d'Accords de partenariat économique ubelaangt.

Ech denken och, datt de Fait, datt Lëtzebuerg sech deemools staarkgemaach huet fir d'Revisioun vum Cotonou-Accord, an och also als ee vun deenen direkte Pappe vun deene reviséierten Accords ka considéréiert ginn, dozou bäigedroen huet, datt mer och konnten hei e Wuert matschwätzen. An et ass bekannt, datt ech mech de 5. Januar 2007 och an engem Bréif un de Louis Michel gewannt hunn, fir drop opmierksam ze maachen, datt déi Entwécklungskomponent endlech am Kader vun deenen Diskussioune misst zum Droe kommen.

Well et ass evident, datt déi Ouverturen, déi d'Abettung an den internationale Commerce verlaangt, asymmetresch musse sinn. Dat heescht, asymmetresch, wat d'Produiten ubelaangt: méi eng grouss Ouverture am Norde wéi am Süden; wäit méi eng grouss am Norde wéi am Süden, eng quasi ganz Ouverture am Norden. Mä se mussen awer och asymmetresch sinn, wat d'Durée ubelaangt. Dat heescht, den Norde mécht op éiert de Süden opmécht. A wa mer eis iwwert déi Prinzipien eens wären, an iwwer aner Prinzipien, wéi zum Beispill deen, datt Domäner wéi d'Agrikultur musse speziell gekuckt ginn, well do d'Risiken am gréisste sinn, datt déi Länner an déi Secteuren d'Rad schloen, ech mengen, da wäre mer schonn en Deel weider.

Ech hunn iwwregens nach keen afrikanesche Statschef, Ambassadeur oder Minister gesinn, deen de Prinzip vun den Accords de partenariat économique a Fro gestallt huet. Dat wëll ech eng Kéier hei soen.

Et geet, mengen ech, och drëm, datt d'Europäesch Unioun hei wéi op anere Punkte weist, datt mer et eescht mengen. A wéi kënne mer weisen, datt mer et eescht mengen? Andeem mer déi Saachen, déi ech elo beschriwwen hunn, déi asymmetresch Ouverture, wat d'Produiten ubelaangt, wat d'Dauer ubelaangt, all déi spezifesch Regele fir d'Agrikultur an aner Secteuren, datt mer do och eng Rei Garantië ginn.

Do kommen ech dann zréck op dat, wat mer ënner Lëtzebuerger Présidence gemaach hunn. D'Länner hu sech jo all engagéiert, fir op 0,56 ze goe bis 2010, an op 0,7 bis 2015. Da läit et jo awer op der Hand, datt et och misst méiglech sinn, datt am Kader vun deem Pak - fir dee sech jo prinzipiell engagéiert ginn ass, an net nëmme prinzipiell, well et ass e fermen Engagement - och Fongen derbäi wären, déi spezifesch kéinten agesat gi fir dee Punkt, deen ech bis elo nach net erwähnt hunn, nämlech dee vun den Adaptatiounen, wat d'Capacitéiten am Süden ubelaangt. Wann eng Ouverture gemaach gëtt, ass et evident, datt d'Capacitéiten och mussen eropgefuer ginn. Et mussen Administratiounen do sinn, déi fonctionnéieren, éier déi Ouverture kënnt, soss fonctionnéiert et net.

Här President, ech hätt nach vill ze soen zur Gouvernance; ech hätt nach vill ze soen zu de Migratiounen, an ech hätt och nach eng Rei Saachen zu China ze soen, wann Der erlaabt, maachen ech dat am Telegrammstil hei. An ech si sécher, datt mer am Abrëll, oder wéini och ëmmer déi Debatt iwwert d'Kooperatioun ass, op déi Froe wäerten zréckkommen.

M. le Président.- Voilà, well d'Zäit, déi lech bleift, erlaabt net méi vill Telegrammer.

(Hilarité)

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.-* Da gëtt et e ganz kuerzen Telegramm, Här President.

M. le Président.- Voilà!

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.-* Elo hunn ech och nach meng Ried verluer, gesitt Der.

M. le Président.- Dir fannt se erëm.

M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.-* Ech wollt soen, datt déi Phenomeener net esou nei sinn, wéi se vläicht duergestallt ginn. Well China ass scho länger Zäit an Afrika present. Et ass elo dee Sommet um Schluss vum leschte Joer, deen dat an d'Aktualitéit bruecht huet. Ech wëll drop hiweisen, datt mer eis mat där Fro mussen auserneesetzen, an datt et net duergeet, fir ze soen: Mir sinn déi Gutt a si sinn déi Netgutt. Esou einfach ass dat net.

Ech wëll och vläicht als eenzege Commentaire haut hei soen: Mir soen, datt d'Gouvernance e wichtege Facteur ass, datt uerdentlech muss regéiert ginn. Ech ka mer net virstellen, Här President - an dat ass dann déi lescht Remarque, déi ech maachen, wann Der erlaabt -, datt e Land, wat e Partenariat mat der Europäescher Unioun huet an e Partenariat zur gläicher Zäit mat China, datt dat Land géif zur Europäescher Unioun soen: Jo, d'Gouvernance ass wichteg, an zu de Chineese géif soen: Et ass mer egal.

Ech sinn also der Meenung, datt do, wou souwuel d'Europäesch Unioun wéi China aktiv sinn, mer eng Rei Saache kënne regelen. Dat ass net iwwerall de Fall. De Skandal vum Sudan ass hei zur Genüge ugeschwat ginn. Eigentlech ass dat dat falscht Wuert, well e gëtt ni zur Genüge ugeschwat. De Skandal dauert scho vill ze laang.

Ech denken och do - an dat ass da meng allerlescht Remarque -, datt mer dat, wat d'Afrikanesch Unioun seet, a wat de President Konaré mer am November ënner anerem gesot huet, sollen extrem seriö huelen, a mat hinnen zesummen eng Léisung sichen, an net och do mengen, mir wäre méi intelligent wéi déi aner, a mir hätten d'Science infuse, a mir wéisste wéi et géif goen. Mat hinnen zesummen, mat hinnen an der Responsabilitéit komme mer virun, anescht net.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. De Vote fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5609 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentiounen a kenger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Marcel Oberweis), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Fernand Diederich), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Formation professionnelle. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Brasseur an d'Madame Loschetter an den Här Sunnen, den Här Castegnaro, den Här Gibéryen, den Här Jaerling an den Här Scheuer. Mir fänken u mat der Debatt. Fir d'éischt huet d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här John Castegnaro.

2. 5593 - Projet de loi portant

1) organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue;

2) création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. John Castegnaro *(LSAP), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi Dir et ënnerstrach hutt, geet et hei ëm de Projet de loi 5593 an dobäi ëm d'Organisatioun vun de Coursen, Cours de formation professionnelle am CNFPC, an zweetens d'Kreatioun vun enger Aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation - dat, wat den Intitulé ubelaangt.

Et geet also ëm d'Neiuerdnung vun der berufflecher Bildung an den nationale Fortbildungszentre vun Esch a vun Ettelbréck an domat, iwwert d'Reorganisatioun an iwwert d'Kompetenzen an d'Reorganisatioun eraus, iwwer nei Perspektive fir déi sougenannten Aussteiger.

De 5593 reit sech awer och an an d'Gesetzer oder an dee fréiere Projet de loi 5611 respektiv de 5501, dee mer d'lescht Joer am Juli ofgestëmmt hunn, wou et ëm déi eeler Arbeitnehmer an och Chômeure gaangen ass, a reit sech awer och an an déi sougenannte PAN-Gesetzer zënter 1999, an och an d'Basisgesetz vum 30. Juni 1976 iwwert d'Schafe vun engem - deemools - Fonds de chômage, deen da spéider a Fonds pour l'Emploi ëmgedeeft ginn ass.

Aneschters gesot: Mir stëmmen haut iwwer e Gesetz of, wat och, awer net nëmmen der Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet soll déngen, mä wat sech och areit an de Kader vum liewenslaange Léieren, also dem „lifelong learning", an domat och muss gesi ginn am Kontext vun der sougenannter Lissabon-Strategie.

De Projet de loi ass den 29. Juni 2006 déposéiert ginn. All Beruffschamberen an natierlech och de Statsrot hunn hiren Avis ofginn, an déi zoustänneg Kommissioun, déi vun der Éducation nationale et de la Formation professionnelle, huet de 16. November d'lescht Joer mat hiren Aarbechten ugefaangen.

Et läit mer um Häerz ervirzesträichen, dass och d'Commission du Travail et de l'Emploi sech iwwert dee Projet de loi do informéiere wollt. An dat ass och den 21. November geschitt, andeem d'Educatiounsministerin mat hire Mataarbechter an der Commission du Travail et de l'Emploi present waren an d'Kommissioun informéiert hunn.

Deen Interessi ass dohier komm, well an deem Projet de loi den Artikel 26 en direkte Bezuch op de Fonds pour l'Emploi an op d'Responsabilitéit vum Aarbechtsminister huet. Mä et kann ee festhalen, an ech wëll dat ënnersträichen, dass d'Commission du Travail et de l'Emploi sech deemools domat averstanen erkläert huet, dass de 5593, iwwert dee mer haut ofstëmmen, ausschliesslech an der Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle sollt behandelt ginn.

Ech wëll elo direkt scho Merci soen all deenen, déi an iergendenger Form un deenen Aarbechten hei bedeelegt waren, an dorënner natierlech de Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kommissioun. Mir hu schnell geschafft, mir hu korrekt geschafft a mir haten e ganz konstruktiven Dialog.

Ech wëll dem Sekretariat Merci soen, mä ech wëll och déi Verantwortlech aus dem Ministère vun der Educatioun net vergiessen a besonnesch den Här Aly Schroeder, e fréiere Kolleeg hei vun eis, Directeur de la Formation professionnelle, deen domat eng vu senge leschten Amtshandlunge virgeholl huet, ier hien an déi wuelverdéngte Pensioun gaangen ass.

Ech mengen, et kënnt een dat roueg hei ënnersträichen: Den Här Aly Schroeder huet immens vill a grouss Verdéngschter am Beräich vun der Beruffsausbildung, an duerfir vun dëser Plaz, an ech mengen am Numm vun eis alleguer, dem Aly Schroeder en häerzleche Merci! Hien ass scho bal e Monument, mä ganz verluer ass hien nach net, well hien och nach bei aneren Dossiere jiddefalls als eng Aart Consultant wäert derbäi sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, de 5593 huet a sech näischt direkt Spektakuläres u sech, mä en ass noutwendeg, well hien eng ganz Rei vu Saache kläert an och innovéiert.

Éischtens emol ginn d'Kompetenze vun de betraffene Ministèren nei definéiert a geregelt.

Zweetens, d'Finanzéierung, a mat deem Problem gëtt och eng Simplification administrative erméiglecht, well an Zukunft d'Dossiere vill méi effikass behandelt kënne ginn an net méi zwëschent zwee betraffene Ministërë fir Ënnerschrëften hin an hier musse gescheckt ginn. Mir maachen also hei eng Simplification administrative. An dovunner huet ee scho bal net méi gegleeft, dass et och kënnt an der Praxis geschéien, mä gemengt, dass mer nëmmen ëmmer driwwer géife schwätzen, ouni et ze realiséieren. Et wier gutt, wann dat och flächendeckend kéint passéieren.

Drëttens, iwwert dee Projet de loi hei gëtt de System vun de finanziellen Hëllefen a Bäihëllefen ergänzt respektiv gëtt e weidergefouert a gekläert.

Ech wëll zum Inhalt vun deem Projet de loi nach folgend Bemierkunge maachen:

Éischtens, d'Reorganisatioun vun deene Coursen, déi de CNFPC ubitt, steet elo ënnert der Verantwortung vum Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle. Mä den Aarbechtsminister däerf d'Organisatioun vu spezifesche Coursë beim CNFPC beantragen, mä däerf se dann och iwwert de Fonds pour l'Emploi finanzéieren.

Doraus ergëtt sech eng wesentlech Neierung, nämlech déi, dass et net méi ausschliesslech ëm Moossnamen zur Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet geet, wat och an der Praxis schonn de Fall war, mä dass elo och de legale Rahme geschafe gëtt, fir dass déi am CNFPC ugebuede Coursen dozou bäidroen, de Wee zréck an den Ausbildungssystem ze fannen, besonnesch fir Jugendlecher, déi d'Schoul fréizäiteg verlooss hunn oder déi déi schoulesch Bedingunge wéi d'Punkten net erfëllen oder net erreechen an duerfir och net an eng Formation professionnelle initiale konnte goen, fir deenen also eng nei Méiglechkeet ze schafen.

Da geet et och drëm, deenen Erwuessenen d'Méiglechkeet ze ginn, duerch déi Coursen, déi ugebuede ginn, hir Beschäftegungsfäegkeet duerch Fort- a Weiderbildung der technescher respektiv technologescher Entwécklung unzepassen.

An an Zukunft dierf et och esou sinn, dass et net nëmme Chômeure respektiv och net nëmmen Demandeure sinn, déi onbedéngt bei der ADEM schonn ageschriwwe sinn, mä et däerfe sech der och elo mellen, ouni déi Viraussetzung ze erfëllen.

Dir erënnert lech un eng Kontrovers, déi mer eng Kéier am Zesummenhang mat Zarabina och hei haten. Dat ass also elo duerchaus méiglech. Mir sinn also hei am Beräich vum liewenslaange Léieren.

(M. Henri Grethen prend la Présidence)

D'Coursen am CNFPC, déi elo ugebuede ginn, si kompetenzorientéiert an no Modulen organiséiert. Dat erméiglecht, dass déi sougenannte Quereinsteiger oder Leit, déi sech berufflech weiderbilde wëllen a schonn iwwer eng gewësse Beruffserfahrung oder Qualifikatioun verfügen, och net méi onbedéngt all Modulë maache mussen, fir en Diplom ze kréien.

Nei ass dann, ech hunn dat scho gesot, dass nieft den Entschiedegungen un déi Betraffen am Rahme vun de Beschäftegungsmoossnamen iwwert de Ministère du Travail och elo den Unterrechtsministère an engem neie System finanziell Bäihëllefen an Ureizer ubidde kann. Dat ass an der Virbereedung iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal.

Déi Kursusteilnehmer, déi déi finanziell Hëllefe kréien, sinn der an der Regel, déi bescheide Revenuen hunn, bescheide Léin hunn. D'Begrënnung ass kloer: Et däerf net un der finanzieller Situatioun scheiteren, dass een net géif a Coursë goen, well hie seet, da verléieren ech Suen. Dat däerf also keen Hindernis bei der Weiderbildung sinn, an dat gëllt dann och net nëmme fir Erwuessener, mä och fir Jugendlecher.

Elo soll een awer ënnersträichen, dass déi finanziell Bäihëllefen un e puer Konditioune gekoppelt sinn. Et geet zum Beispill net duer, dass ee sech an déi Coursen aschreift, fir esou Suen ze encaisséieren. Et muss ee schonn eng gewësse Presenz opweises hunn. An do gëtt en Taux de fréquentation vun 80% gefuerdert. Derniewent soll et da Primë gi fir fläisseg Jugendlecher. Dat sinn dann déi, déi net nëmme fläisseg an de Coursë sinn, mä déi sech och aktiv an erfollegräich ëm eng nei Aarbechtsplaz respektiv eng Léierplaz beméit hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Avisë vum Conseil d'État an de Beruffschambere sinn zu dësem Projet ganz ënnerschiddlech, Verschiddener och widderspréchlech, besonnesch wat d'Patronat ubelaangt, also d'Beruffschambere vum Patronat. Am Prinzip gëtt et e Jo vun alle Säiten. Ech kommen dorop zréck.

De Conseil d'État ass positiv. Hien huet zwar drop higewisen, dass et am Artikel 26 e materielle Feeler gouf, dee mer behuewen hunn. Et gouf och ee Moment eng Diskussioun iwwer en Amendement, fir den Artikel 26 déif gräifend ze veränneren. Dovun hu mer ofgesinn, well dat och hifälleg ginn ass mam Vote vum Projet de loi 5611. Deemools hu mer jo eng laang Diskussioun iwwert d'Karenzzäite gehat, déi do verschwonne sinn. Duerfir konnt och den Artikel 26 an där ursprénglecher Form bäibehale ginn.

Begréisst gëtt eigentlech insgesamt, fir dat och emol ze soen, dass och d'privat Ubidder iwwer Konventioune mam Stat finanziell Ënnerstëtzung kréien, dat am Sënn fir e méi grousst Weiderbildungsugebuet am Interessi ebe vun enger méiglechst breeder Bevölkerung kënnen unzebidden, am Sënn vun der Bekämpfung vun der Aarbechtslosegkeet, am Sënn vu Weiderbildung, esou wéi ech et scho gesot hunn.

Zwou méi kritesch, awer konstruktiv Bemierkunge vum Conseil d'État waren, dass d'Kompetenzen nach méi preziséiert misste ginn, wat de Ministère de l'Éducation a senger Missioun bei der Organisatioun an den Inhalter vun de Coursen ubelaangt. Dat soll iwwert de Règlement grand-ducal preziséiert ginn. Den Educationsministère bleift, fir dat ervirzesträichen, souwuel fir d'Bewäertung vum Inhalt wéi och fir d'Certificatioun vun all deene Coursen, déi am CNFPC organiséiert ginn, zoustänneg.

Zweetens: gewësse Bedenken am Zesummenhang mat der globaler Kohärenz an der gesamter Bildungs- an Ausbildungspolitik. Do huet iwwregens d'Privatbeamtechamber déiselwecht Bedenken a Kritike geäussert wéi de Statsrot et sengersäits gemaach huet.

Et muss hei drop higewise ginn, dass déi elo zënter enger Zäit, zënter e puer Wochen ugefaangen Debatt an eiser Commission éducation nationale/formation professionnelle iwwert d'Reform vun der berufflecher Bildung, also de Projet de loi 5622, weist, dass mer eng nei, eng eigentlech Basis schafe mussen. An dat wäert och gëllen an den Debatten, déi hoffentlech geschwë kënnen ufänken, iwwert d'Reform vum Schoulgesetz vun 1912. Béid si vu gréisster Bedeitung, wann een dat alles an de richtege Kontext mat erasetzt.

Fir den Avis vun der Privatbeamtechamber, dat Wesentlecht: Do ass also déi grondsätzlech Bemierkung a Suerg iwwert d'Kohärenz an der gesamter Bildungspolitik, mä och d'Suerg net onberechtegt, dass d'CNFPCe riskéieren iwwerbelaascht ze ginn an domat hirer eigentlecher, ursprénglecher Aufgab vun der Fortbildung net méi kéinten nokommen.

Den Avis vun der Arbeiterkammer ass och ganz kritesch, mä positiv. D'Arbeiterkammer hannerfreet eigentlech kritesch d'Chancen, déi sollen oder géife bestoe fir d'Reintegratioun vun de COIP-Absolventen an de Cycle inférieur vum Enseignement technique, ob dat iwwerhaapt méiglech ass, an äussert awer déiselwecht Bedenke wéi d'Privatbeamtechamber an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics wat de Mangel u genügenden Infrastrukturen ubelaangt, an dat eben opgrond vun engem gréissere Weiderbildungs- an Ausbildungsugebuet.

Dann d'Patronatschamberen, d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce, déi éischter negativ sinn, obwuel d'Chambre de Commerce an deem alles, wat se schreift, sech op d'mannst eng kleng Unerkennung zoumutt, am Sënn dass se fënnt, dass d'Gesetz dann awer méi Transparenz a besonnesch eng Simplification administrative géif bedeiten, mä dann awer seet, dass se dergéint ass. Dat ass eigentlech och eng kontrovers Attitüd, mä ëmmerhin.

Mä d'Chambre des Métiers wéi d'Chambre de Commerce sinn der Meenung, dass déi berufflech Fortbildung, an dat betrëfft dann d'COIP an d'CITP, net an de Fortbildungszentren dierft stattfannen, mä an de Beruffsschoule selwer. Am Endeffekt, a wann een dat genee liest, och déi zwee Avisen do, dann ass et en Neen-Jo vun deenen zwou Beruffschamberen.

Eppes Interessantes hunn ech dann awer zréckbehalen. Dat ass, dass d'Chambre des Métiers iwwert d'Aféierung vun engem Code de la formation schwätzt, awer an de Virbereedungsaarbechten, laang ier en Avant-projet oder Projet de loi komm ass, eigentlech ni doriwwer geschwat huet. Dat ass awer keng onberechtegt Iwwerleeung, op déi zréckzekommen ass.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ofschléissend nach eng Kéier déi wichtegst Bemierkunge wat den Inhalt ubelaangt:

Dëse Projet de loi féiert dozou, eng kohärent Organisatioun vun de Coursen am CNFPC ze erméiglechen. Hien dréit dozou bäi, dass d'Responsabilitéite vun de betraffene Minister méi kloer ginn. Et kënnt eng Prezisioun an Transparenz an d'Budgetisatioun vun de Crédits financiers, déi noutwendeg si fir d'Organisatioun vun de Coursen. Et gëtt eng Simplification administrative an der Gestioun. Et gëtt eng Konsolidatioun, mä och eng Erweiderung vun de finanziellen Hëllefen - ech hunn dat alles scho gesot -, déi da soll dozou bäidroen, dass also Leit, déi Hëllef brauchen, finanziell Hëllef brauchen, se och kréien.

Voilà déi wesentlechst Bemierkungen. De Rescht konnt am Rapport gelies ginn oder kann ëmmer nach nogelies ginn.

Nach eng Kéier en häerzleche Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Sunnen. Här Sunnen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Fred Sunnen *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréischt wëll ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här John Castegnaro, villmools Merci soe fir säi gudden an detailléierte schréftleche wéi mëndleche Rapport.

Esou wéi de Rapporteur et schonn am Detail erkläert huet, geet et bei dësem Gesetzestext dorëms, d'Responsabilitéiten um Niveau vun der Organisatioun an och vum Finanzement vun de Coursë vum Centre national de formation professionnelle continue, kuerz CNFPC, ze regelen an ze klären, souwéi och Ausbildungsprimen an -entschiedegungen an dësem Kontext ze schafen.

Mat dësem Gesetz gëtt eng kohärent Gestaltung vun den ugebuedene Bildungslinnen ugestrieft.

Une voix.- Très bien.

M. Fred Sunnen *(CSV)*.- Et geet och drëms, déi an der Vergaangenheet oft net ganz kloer definéiert Verantwortung vun de betraffene Ministèren ze klären, eng budgetär Genauegkeet an Transparenz grad wéi eng administrativ Vereinfachung ze schafen.

En anere wichtege Punkt ass deen, dass d'Leit, déi un dëse Coursen deelhuelen, Primen an Entschiedegungen zegutt hunn, déi mat dësem Gesetz kloer festgeluecht a konsolidéiert ginn, woubäi de Montant no Alter an eegener Finanzlag variéiere kann.

Kolleeginnen a Kolleegen, och wann et bei dësem Gesetz prioritär ëm eng Clarificatioun vun de jeeweilege Responsabilitéiten tëschent Educationns- an Aarbechtsminister geet, esou muss een awer och besonnesch déi wichteg sozial Komponent ervirhiewen, déi hei fest verankert gëtt. Wann een de Gesetzesprojet genee ënnert d'Lupp hëlt, mierkt ee ganz séier, dass et den Auteuren drëm gaangen ass, een zousätzlecht Sécherheetsnetz ze schafen, dat dem Stat erlabe soll, virun allem déi jonk Leit opzefänken, déi am aktuelle System duerch d'Netz gaange sinn.

Dëse Gesetzesprojet riicht sech nämlech besonnesch u Jugendlecher ouni Diplom oder Qualifikatioun, entweder well se deen néidege schouleschen Niveau net erreecht hunn oder well se aus iergendengem Grond d'Schoul fréizäiteg verlooss hunn. Et muss een onbedéngt positiv ervirhiewen, dass mat dësem Gesetzestext e Moyen geschaaft gëtt, deen et erlaabt, och deene manner privilegéierte jonke Leit zousätzlech Chancen ze ginn, sech esou gutt wéi méiglech ze forméieren, fir am Liewen net ouni Qualifikatioun dozestoen. Leider ass et jo hautdësdags esou, dass een et schwéier huet ouni iergendeng Qualifikatioun. Et ass quasi onméiglech als Ongebilten an eiser Gesellschaft Fouss ze faassen.

Hei ginn also noutwendeg Moossname geschaaft, déi et méiglech maachen, dass jiddfer Eenzelne seng Plaz um Aarbechtsmaart fanne kann. Et ass eis verdammte Flicht a Schëllegkeet anzegräifen, fir d'Nodeeler an d'Problemer, déi aus der Globaliséierung entstinn, besonnesch déi um soziale Plang, enger Léisung zouzeféieren, fir op déi Manéier ze versichen d'Aarbechtslosequot esou niddreg wéi méiglech ze halen.

Ech hunn et schonn am Ufank gesot a betount, dass en anere wichtegen a positiven Aspekt vum Projet deen ass, eng finanziell Hëllef an eng Formatiounsprime fir Mannerjähreger gradesou wéi eng Indemnitéit fir Erwuessener vu manner wéi 25 Joer ze schafen. Den Artikel 20, dee vun der Formatiounsprime schwätzt, riicht sech un d'Apprenants inscrits. E bedeit eng zousätzlech Motivatioun fir déi jonk Leit, déi e schwierege schoulesche Parcours hanner sech hunn, fir sech entweder nees am Formatiounssystem oder um Aarbechtsmaart ze reintegréieren. D'Formatiounsindemnitéit, déi fir Erwuessener geduecht ass, soll deene Betraffenen de Wee an de Bildungssystem an domat och an d'Aarbechtswelt méi einfach maachen, well se hinnen erlaabt, während der zousätzlecher Formatioun finanziell ze iwwerliewen.

Här President, nodeem ech op déi wichtegst Aspekter vun dësem Gesetzestext agaange sinn, wollt ech awer och nach kuerz op déi e bësse méi problematesch Punkten ze schwätze kommen, déi sech am virleienden Text stellen.

Obwuel e vum Statsrot wéi och vun der Majoritéit vun de Beruffskummere guttgeheescht gouf, ass et awer wichteg, op d'Suerge vun deenen zwou anere Chamberen, der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce, anzegoen, déi eis hir Zoustëmmung zum virleiende Gesetzestext net konnte ginn.

Obscho sech d'Finalitéit einfach résuméiere léisst, bemierkt d'Chambre des Métiers, dass mat dëser Législatioun versicht gëtt, op ganz ville Punkten an enger Kéier anzegräifen, fir esou - wéi een dat esou schéi seet - eng ganz Partie Mécken op ee Schlag ze geroden.

Hei geet et ëm professionell Insertioun, Formatioun an Orientatioun; et geet ëm sëllech sozial Aspekter; et geet ëm d'Gestioun vun den Infrastrukturen; an et et geet ëm d'Definitioun vun de Kompetenzen a Responsabilitéiten um Niveau vun de Ministèren. Duerfir ass d'Chambre des Métiers der Meenung, dass wuel versicht gëtt, géint eenzel Dysfonctionnementer virzegoen, ouni dass een et awer fäerdeg bréngt, fir de Problemer eng richteg Léisung zouzeféieren. Problemer, déi sech an dësem Beräich stellen, gëtt et der sécher genuch.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Erausfuerderungen, déi sech am Beräich vun der Erzéiung a vun der berufflecher Ausbildung stellen, si grouss a komplex a musse geléist ginn. Et ass wichteg, dass an dësem Kontext vun där faméiser Lissabon-Strategie geschwat gëtt. Dës Strategie souwéi och d'Imperativë vun enger leeschtungsfäeger Wëssensgesellschaft verlaange vun de Leit méi a besser professionell Qualifikatiounen a Kompetenzen.

Am Moment di mir eis hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer schwéier, fir dësen Objektiver gerecht ze ginn. Een zentraalt Element stellt hei eise Schoul- a Formatiounssystem duer, deen - zu Recht oder Onrecht - vill kritiséiert gëtt. Sou seet zum Beispill déi rezent wirtschaftlech Etüd vun der OECD iwwer eist Land, dass eng besser Valorisatioun vum mënschleche Kapital de Wuesstum vun der Produktivitéit stäerke géif an d'Perspektive fir d'Beschäftegung vu wéineg qualifizéierten Awunner vergréissere géif.

Duerfir gehéiert et zu eisen drénglechsten Aufgaben, déi néideg Moossnamen ze schafen, déi et eis erlabe wäerten, d'Schoulresultater an den Niveau vun der Bildung ze verbesseren, déi momentan ënnert dem Duerchschnëtt vun der OECD leien. Dëst stëmmt besonnesch fir Immigrantekanner a fir déijéineg, déi aus défavoriséierte Milieue kommen.

Kolleeginnen a Kolleegen, et kann een net behaapten, et wier näischt geschitt bis elo, fir besonnesch dëse Kanner a Jugendlechen entgéintzekommen a si an eise Schoulsystem ze integréieren. D'Realitéit weist awer, dass den Handlungsbedarf nach ëmmer grouss ass. Mir mussen duerfir den aktuelle Schoul- a Formatiounssystem reforméieren, fir der Lissabon-Strategie Rechnung kënnen ze droen an déi Erausfuerderungen unzehuelen, déi sech an eiser Gesellschaft an der Welt vun haut stellen.

E Schoulgesetz, dat 1912 - also bal virun 100 Joer - geschafe gouf, ka mat Sécherheet d'Problemer, déi sech am 21. Jorhonnert stellen, net méi léisen. An dësem Sënn ass d'Schafung vun eenzelne sozioprofessionellen Insertiounsmoossname fir jonk Leit mat Schoulschwieregkeete just nëmmen eng kleng Plooschter. Si ginn op laang Weil net duer a kënne keng pertinent Léisung mat sech bréngen.

Mir mussen et onbedéngt ronnkréien, fir och déi Jugendlech aus méi schwierege soziale Verhältnisser erëm an d'Schoul anzebannen, amplaz se auszeschléissen, fir da spéider mat zesummegebastelten an deiere Moossnamen ze versiche si op den Aarbechtsmaart ze bréngen. Ech mengen, dass dës Opfänkmoossnamen ënner Ëmstänn de Schüler d'Motivatioun, fir vun Ufank un déi néideg Ustrengungen ze maachen, fir eng berufflech Qualifikatioun ze erreechen, éischter ewechhuelen, well si sech denken, dass si herno souwisou iergendwéi an iergendwou opgefaange ginn.

Här President, dee Projet hei kënnt zu engem Moment, wou sech eng déif gräifend Reform, souwuel an der Primärschoul wéi an der berufflecher Ausbildung, ukënnegt. D'Virbereedungen heizou lafe momentan op Héichtouren. Mir musse bei der Schoulreform versichen, vun eisem dach staark elitäre Schoulsystem ewechzekommen. E Schoulsystem, dee vill Potenzialitéiten ongenotzt léisst an deen eiser Wirtschaft an hirer noutwendeger Progressioun zu méi Wuesstum net méi gerecht ka ginn.

Mir mussen op de Wee vun engem méi demokratesche Schoulsystem goen, mat méi Chancëgläichheet, wou versicht gëtt, d'Potenzial vun all eenzelnem Kand maximal ze valoriséieren. Et muss versicht ginn, sech besser op déi méi schwaach Kanner ze konzentréieren, fir dass och si berufflech Chancë kréien an hir Plaz um Aarbechtsmaart fannen. Wa mer dësen Défi unhuelen, da misste mer et op laang Weil kënne fäerdeg bréngen, manner op Moossnamen zréckzegräifen, déi d'sozial Gestioun vum Chômage vun deene Jonken a vun der sozioprofessioneller Insertioun regelen.

Här President, wann Der erlaabt, géif ech, fir ofzeschléissen, nach just gäre kuerz op eng aner Kritik zréckkommen, déi souwuel vun der Chambre des Métiers wéi och vun der Chambre de Commerce artikuléiert gouf. Si bemängelen, dass de virleiende Gesetzesprojet just ee klengt Glidd duerstellt an enger ganzer Kette vu Gesetzestexter am Beräich vun der Formatioun an der Bildung. Si soen och, dass dës Texter net onbedéngt ënnereneen harmoniséieren.

Et ass fir mech kloer, Här President, dass een dat Gesetz, dat eis haut beschäftegt, an eng Rei aner Gesetzesprojeten afüge muss, mat deene sech - an de Rapporteur huet et scho gesot - déi zoustänneg Kommissioun am Moment intensiv beschäftegt: d'Reform vun der berufflecher Ausbildung, der Primärschoul oder de Gesetzesprojet iwwert d'Schoulflicht. Mir mussen an der Educationskommissioun versichen, dee sougenannte roude Fuedem, dee sech duerch déi verschidde Gesetzestexter spënnt, zu enger kohärenter Politik ze knëppen, déi eng modern Gesellschaft batter néideg huet.

Fir ofzeschléissen, Här President, wollt ech am Numm vu menger Fraktioun den Accord vun der CSV zum virleiende Gesetzesprojet ginn.

Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Sunnen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madame Brasseur. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll mech de Mercien uschléissen à l'adresse vum Rapporteur, deen hei eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet an deen och den designéierte Rapporteur ass fir de Gesetzesprojet iwwert d'Formation professionnelle, well dat ass e Ganzt. An ech wënschen him dobäi vill Courage, well dee Projet ass e Projet vun enger ganz anerer Envergure.

Mir als DP-Fraktioun hätten et léiwer gehat, wann dat och als Ganzt traitéiert gi wier a wa mer net elo e Stéck hei erausgegraff hät-

ten iwwert de CNFPC. Ech gleewen och, dass dat d'Madame Minister arrangéiert hätt. Si wénkt Jo!

Mä hei hu mer e Projet de loi virleien, vun deem den Haaptbut am Fong ass, Kompetenzschwieregkeeten tëschent dem Educatiounsministère an dem Aarbechtsministère ze regelen.

Ech muss lech soen, dass ech paff doriwwer sinn. Well ëmmerhin huet dat Ganzt 30 Joer laang gutt fonctionnéiert, an op eemol ass dat net méi gaangen. An ech froe mech, ob dee Projet hei awer all Kompetenzproblemer léist!

An, Här President, gëschter huet den Här Biltgen hei gemengt, bei zwou Questions parlementaires, e wier net kompetent. Hei ass en awer kompetent an hien huet sech jo itérativement och bei dësem Projet zu Wuert gemellt. An duerfir bedaueren ech, dass den Här Biltgen haut net bei dësem Débat dobäi ass.

Ech muss lech soen, dat hei ass keng Reform aus engem Goss. De Conseil d'État schreift och a sengem Avis: «...la cohérence laisse à désirer». An dat ass eng Kritik, déi mir och deelen.

Mä hei ass Urgence, well wann een dat hei net geregelt hätt, da wéisst een net wéi déi Moossname géife finanzéiert ginn. Moossnamen, déi awer enorm wichteg sinn.

Et sinn och z'joert am Januar, wéi op eemol Schwieregkeeten do ware fir Mesuren ze finanzéieren, dräi Questions parlementaires gestallt ginn, an do ass gesot ginn, et géif légiféréiert ginn. D'Madame Delvaux huet jo och dunn e Projet de loi am Juni 2006 hei déposéiert.

Ech muss soen, ech si paff wéi an dëser Regierung geschafft gëtt! Well dee Projet hu mer diskutéiert, mir haten en an der Kommissioun, an dunn op eemol, den 13. November 2006, huet den Här Biltgen der Madame Delvaux e Bréif geschriwwen, dee mer dann och an der Kommissioun kruten. Ech liesen lech den Ufank vun deem Bréif vir. Do schreift den Här Biltgen: «Je viens de prendre connaissance des dispositions finales et transitoires du projet de loi N°5593 portant organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue.» Dat heescht, e Member vun der Regierung schreift den 13. November 2006 senger Kolleegin, Member vun därselwechter Regierung, qu'il a pris connaissance des dispositions finales et transitoires du projet de loi.

Mä e Projet de loi gëtt dach vun der ganzer Regierung awer approuvéiert an da geet en op den Instanzewee! Hei weess ech net, wéi op eemol den Här Biltgen dozou kënnt, fir ganz paff ze sinn.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Loosst wann ech gelift d'Madame Brasseur schwätzen!

(Interruption)

Här Bettel, loosst wann ech gelift d'Madame Brasseur schwätzen!

(Interruptions)

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Ech muss soen, ech si ganz paff iwwert déi Virgehensweis. An ech sinn och net deen Eenzegen, dee paff ass, well de President vun der Kommissioun, den Här Scheuer, war wierklech net frou, wéi deen Amendement koum, well op där anerer Säit...

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Et gëtt ëmmer besser!

(Interruptions)

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- ...mer och vun der Regierung gesot kruten, et géif Urgence bestoen. Am Fong hätt dëse Projet nach missen am Dezember verofscheet ginn. Mir hätten dat och gemaach. De Rapporteur huet alles drugesat an och de President, wann net deen Amendement do vum Här Biltgen komm wier.

Ech géif lech froen, Här President, der Regierung matzedeelen, der Madame Modert, déi chargéiert ass mat de Relatiounen tëschent der Regierung an dem Parlament, dass d'Regierung an Zukunft Projete soll déposéieren, iwwert déi se unanime därselwechter Meenung ass, net dass mir duerno d'Projete mussen änneren an dass ee Minister paff ass iwwert Dispositiounen, déi an engem Gesetz stinn. Ech froe mech wierklech, wéi dës Regierung fonctionnéiert!

Une voix.- Abee merci!

(Interruptions)

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Mir hunn d'Aarbechten an der Kommissioun opgeholl. Meng Virriedner, souwuel de Rapporteur wéi och de Spriecher vun der CSV-Fraktioun, sinn am Detail op déi dräi Volete vum Projet agaangen, esou dass ech dat elo net wäert widderhuelen.

Wann een awer vum Centre national de formation professionnelle continue schwätzt, sinn awer nach eng ganz Rei Froen, déi opbleiwen. Éischtens muss ee soen, dass déi Centres nationaux de formation professionnelle continue gemaach gi si fir d'Weiderbildung.

Or, wat stellt een haut fest? Et gëtt haaptsächlech Formation initiale gemaach fir jonk Leit oder och Erwuessener, déi emol keng Formation initiale au départ haten. Gott sei Dank hu mer dat Instrument elo vun de CNFPCen, fir hinnen dann eng Ausbildung matzeginn.

Mä duerfir froen ech mech, ob deen Numm vu Centre de formation professionnelle continue deem But am Fong nach gerecht gëtt, well et ass ganz oft oder haaptsächlech och d'Formation initiale, déi jonke Leit do bäibruecht gëtt. Gott sei Dank hu mer awer dat Instrument, wat enorm wichteg ass.

D'Besoinen hunn och zougeholl, wann ee kuckt, dass 2005 3.991 Leit an deene Mesuren ageschriwwe waren, déi 83.000 Heures de formation kruten. Dat ass eng ganz héich Zuel.

Wann een d'Zuel vun den Demandeurs d'emploi kuckt, déi ageschriwwe waren, esou waren dat 1995 der ronn 750, an 2005 - also zéng Joer drop - waren et der 1.328. Do gesäit een d'Progressioun an et gesäit een och, wou d'Besoinë sinn.

Déi Centren, deen zu Esch an deen zu Ettelbréck, maache wierklech eng excellent Aarbecht. Ech wëll hei un engem Beispill illustréieren, wéi wichteg et ass, dass een an deem System awer eng gewësse Souplesse huet: De Centre vun Ettelbréck hat an huet och elo nach e ganz gudde Kontakt - well dat och méiglech ass wéinst der Gréisst - zu de Betriber, a sicht mat de Betriber ze definéieren, wellech Zort vu Leit se sollten ausbilden. Do war eng Demande vun de Supermarchéë Match, déi Caissièrë gebraucht hunn, an dunn huet de CNFPC vun Ettelbréck Leit ausgebilt, fir ebe just do ze placéieren. Wéi déi Chaîne vum Match zu Lëtzebuerg net méi esou aktiv war, war dee Créneau eriwwer.

Du koum eng Demande fir Leit auszebilde fir professionell Wäschereien a Botzereien, an et huet séier missen eng Léisung fonnt ginn, fir Kreditter lasszeeisen, fir professionell Wäschmaschinnen a Botzmaschinnen ze fannen, fir Leit dorop ze preparéieren. An dat ass och gelongen, obwuel au départ keng Crédits budgétaires virgesi waren. Mä et konnt een awer dat do équipéieren a finanzéieren.

Ech mengen, déi Souplesse muss garantéiert bleiwen, wa mer kuerzfristeg - dat si jo och kuerz Formatiounen - wëlle Leit ausbilden. An dat sinn déi Genres vun Ausbildung, wou ee keng Préformatioun brauch, a wou mer frou sinn, dass mer Leit kënnen esou op den Aarbechtsmaart bréngen.

Et ass also excellent Aarbecht geleescht ginn. Mä mir hunn e Problem mat der Infrastruktur. Zu Esch ass d'Infrastruktur excellent an do si se och ganz innovativ. Déi bréngen et jo fäerdeg, duerch nei, méi adaptéiert Equipementer och den Aarbechtsprozess besser ze explizéieren. Si hunn héich sophistiquéiert Instrumenter do, wat wichteg ass.

Mä zu Ettelbréck bascht de Centre national de formation professionnelle continue aus allen Néit, an dat ass wierklech ze bedaueren. An dat muss een an der Diskussioun awer gesinn am Zesummenhang mat der Diskussioun, déi mer am Moment mam Nordstadlycée hunn.

Ech muss soen, ech hunn de Moie mat Freed gelies, dass d'Gemeng Ettelbréck elo eventuell bereet wier, Op der Haard déi Terrainen zur Verfügung ze stellen. Ech hätt mech gefreet, wann déi Responsabel vun der Gemeng Ettelbréck scho viru Joren déi do Attitüd gehat hätten. Da wiere mer nämlech vill méi wäit am Développement vun de Schoulinfrastrukturen zu Ettelbréck.

Ech wëll lech rappeléieren, dass fir de Lycée technique vun Ettelbréck, fir de Préparatoire e Gebai sollt opgeriicht ginn zu Ettelbréck. Et war bestallt, et war fäerdeg, d'Aarbechte sollten ufänken. Dunn huet d'Gemeng Ettelbréck d'Baugenehmegung refuséiert.

Une voix.- Oh neen!

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Wat ass mat där Schoul geschitt?

(Interruptions diverses)

Déi Schoul, déi ass dunn op Dikrech gesat ginn. A Gott sei Dank war d'Gemeng Dikrech domat d'accord.

Dofir, wa mer elo esou e Retard hunn an der Schoulinfrastruktur am Norden, dann ass et och, well d'Gemeng Ettelbréck leider déi Ouverture d'esprit, déi se awer elo Gott sei Dank schéngt ze weisen, à l'époque net hat. Soss wäre mer souwuel an der Ackerbauschoul wéi an der Fro vum Lycée technique vun Ettelbréck wéi och an der Fro vum CNFPC e Stéck weiderkomm. De CNFPC vun Ettelbréck muss onbedéngt ausgebaut ginn, fir Infrastrukturen ze kréien, déi em et erméiglechen, senge Missioune gerecht ze ginn.

An dann ass an onser Infrastruktur ee Problem: Mir hunn hei am Zentrum keng Infrastruktur, fir e Centre de formation professionnelle continue ze maachen. De Besoin ass awer ganz grouss. Dofir misst een och do eng Léisung fannen.

An, Här President, ech wollt, fir déi zwee Punkten ze ënnersträichen, eng Motioun déposéieren, déi freet, dass d'Infrastruktur vum Centre national de formation continue zu Ettelbréck ausgebaut gëtt an dass och eng Léisung fonnt gëtt, fir esou e Centre am Zentrum vum Land opzeriichten.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant le nombre croissant de jeunes et d'adultes bénéficiant d'une mesure de formation professionnelle initiale ou continue;

- considérant que le nombre de demandeurs d'emploi ou de chômeurs voulant bénéficier d'une mesure de formation professionnelle est passé de 750 en 1995 à 1.328 en 2005;

- considérant que les infrastructures existantes ne suffisent pas à héberger tous les demandeurs et que l'infrastructure du Centre de formation professionnelle continue d'Ettelbruck n'est plus adéquate;

- considérant qu'un établissement de formation professionnelle continue au centre du pays fait défaut;

invite le Gouvernement

- à élaborer dans les meilleurs délais un projet visant à moderniser et à agrandir les infrastructures du Centre de formation professionnelle continue d'Ettelbruck;

- à élaborer un projet visant la réalisation d'un centre de formation professionnelle continue dans la région Centre du pays.

(s.) Anne Brasseur, Xavier Bettel, Charles Goerens, Henri Grethen, Alexandre Krieps.

Ech wollt nach ganz zum Schluss eng Remarque maache wat d'Ausbildung ubelaangt an d'Beruffschancen. Et gëtt ganz vill geschwat iwwert d'Beruffsorientéierung, wéi wichteg déi ass. An do ass och den Aarbechtsminister, dee seet, hie wär dann zoustänneg fir d'Beruffsorientéierung, an d'Schoul soll d'Schoulorientéierung maachen. An do kënnt et zu engem Kompetenzgerangel.

Gëschter war ech mat e puer aner Kolleegen derbäi, wéi d'Madame Minister jonke Leit d'Geselleprüfung iwwerreecht huet. A mir ass dunn opgefall, do sinn eng Rei Beruffer, do war bal kee Lauréat derbäi: Maurer, Leeëndecker... Et waren zwee Maurer, et waren dräi Leeëndecker, mengen ech. Dat sinn awer Handwierker, déi hei zu Lëtzebuerg gebraucht ginn. An dat gëtt ni delokaliséiert. Mir wäerten déi Leit ëmmer hei brauchen. Beim Elektresche ginn d'Schlitzen ëmmer hei gehaen. Et ginn ëmmer Zillen hei openeegesat, an d'Leeën, déi ginn ëmmer nach hei op den Daach geluecht. Dofir, dat si Métieren, wou mer missten Effortë maachen, fir méi jonk Leit an esou Métieren ze kréien.

Well et kann ee Beruffsorientéierung maachen, mä ganz oft gëtt déi Orientéierung awer dann net ugeholl, weder vun de jonke Leit nach vun hiren Elteren, well se fannen, hir Kanner sollen eppes aneschters maachen. Mir mussen awer hinne bäibréngen, dass et eng ganz Partie vun Aarbechte gëtt, déi immens flott sinn, immens positiv sinn, a wou ee wierklech Beruffschancen hei zu Lëtzebuerg huet.

No deene méi allgemengen Iwwerleeungen zum Centre national de formation professionnelle continue wollt ech lech soen, dass d'DP-Fraktioun sech beim Vote vun dësem Projet wäert enthalen. Mir sinn ons bewosst, dass et hei eng Urgence ass. An dofir ënnerstëtze mer de Volet, dass awer elo déi Kompetenzen eenegermoossen opgedeelt sinn, fir dass de Finanzement soll garantéiert sinn, net dass mer op eemol mussen déi Aktivitéiten astellen, well se wichteg sinn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir kënnen awer net fir dëse Projet stëmmen, well dat hei ass e Saucissonnage. Mir hätte léiwer gehat, et wär e Projet aus engem Goss gemaach ginn. Dann hätte mer der Formation professionnelle initiale et continue wierklech besser gehollef.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Brasseur. Nächste Riedner ass nees den honorabelen Här Castegnaro, dës Kéier net méi als Rapporteur, mä als Spriecher vun der sozialistescher Fraktioun.

Une voix.- Elo gëtt et spannend!

(Hilarité)

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech der honorabeler Madame Brasseur Merci soe fir de Courage, dee se mer als...

(Interruption)

M. Charles Goerens *(DP)*.- Mir hunn dem Rapporteur nach net félicitéiert.

(Hilarité)

Une voix.- Schhhhh!

M. John Castegnaro *(LSAP)*.- Et gëtt vill Formatiounen op der Welt, bestëmmt och eng fir riedefreedeg Leit, déi ëmmer da rieden, wa se eigentlech net gefrot gi sinn.

(Interruptions et hilarité)

Ech wollt awer Merci soe fir de Courage, dee se mer gewënscht huet. Ech géif mer wënschen, dass mer op d'mannst an der Kommissioun am gläiche gudde konstruktive Geescht diskutéieren, wéi mer dat bei deem Projet de loi hei gemaach hunn.

Ech mengen, dass d'Beruffsausbildungsgesetz eng kollektiv Aufgab ass, déi mer ze er-

«Chamber aktuell»

Chamber TV vous propose tous les **vendredis** *à* **19.00 heures** *un* **résumé** *de l'activité parlementaire de la semaine.*

L'émission est **rediffusée** *le même soir à 20.00, 21.00, 22.00 et 23.00 heures*

leedegen hunn. Et geet do ëm d'Zukunft vun eiser Jugend a vläicht souguer vum Land. A mir missten do eigentlech e gutt Beispill dann ofginn, net nëmmen an der Kommissioun, mä och hei, fir déi Aufgab, déi mer do virun eis hunn, mat beschtem Wëssen a Gewëssen ze erleedegen.

Ech wëll hei elo net méi an d'Detailer agoen, wat den eigentleche Projet 5593 ubelaangt, mä versichen e puer prinzipiell Iwwerleeungen unzestellen iwwert d'Erausfuerderungen, déi sech eis alleguer stellen am Zesummenhang mam liewenslaange Léieren.

Dat Gesetz, wat mer haut stëmmen - an d'LSAP ass derfir -, soll, wéi dat elo e puermol ënnerstrach ginn ass, d'Kompetenze klären, an dat an deene Beräicher vun all deem, wat virdru gesot gouf. Mä et geet - an dat sollt nach eng Kéier ënnerstrach ginn - jo och gläichzäiteg ëm d'Bekämpfung vum Chômage an ëm d'Fort- a Weiderbildung. An et geet dann natierlech och ëm d'Villfalt u staatlechen, parastaatlechen, privaten Initiativen, déi solle koordinéiert ginn, fir eben eng Kohärenz an eng Gläichstellung kënnen ze garantéieren.

Et geet drëm, an dat kann een ëmmer nëmmen ënnersträichen, dass Mënschen an d'Aarbecht gefouert ginn oder hir Aarbecht behalen duerch Ausbildung, Fortbildung a Weiderbildung. An dobäi spillt jo net nëmmen dee Projet de loi hei eng dach bedeitend Roll an dat alles, wat nach virun eis steet, mä och esou Gesetzer wéi de Projet de loi 5144 iwwert de Chômage social zum Beispill, wou ech hoffen, dass en dëst Joer verabschit gëtt.

An dann en Avant-projet, op deen ech waarden a mir waarden, deen iwwert d'Économie solidaire, dee jo bei der Familljeministerin ugesiedelt ass, well ech der Meenung sinn, dass souwuel deen ee wéi deen aneren och e wesentleche Bäitrag duerstellen, fir de Chômage ze bekämpfe respektiv Leit iwwert den zweete Bildungswee eng nei Chance ze ginn.

De Projet de loi vun haut ass e Riedchen an engem grousse Riederwierk, ouni Zweifel, a duerfir huet e seng Bedeitung, well e Riederwierk all Rieder brauch, fir ze dréinen. A wa mer dann un d'Beruffsausbildungsgesetz kommen - a mir waarde jo elo oder mir fänken elo esou lues un, ongedëlleg ze waarden op d'Avisë vum Conseil d'État a vun de Beruffschamberen -, da wäerte mer déi Diskussiounen an d'Déift era féieren.

Grondsätzlech hunn awer all déi Recht, déi an hirer Kritik d'Meenung äusseren, dass déi absolut noutwendeg Reformen, déi an d'Haus stinn an eisem Lëtzebuerger Bildungswiesen, systematesch a kohärent mussen duerchgefouert ginn. An dat gëtt dann domat erkläert, dass een eigentlech hätt misse mam Préscolaire ufänken, mam Schoulgesetz vun 1912 weiderfueren, da bei d'Beruffsausbildung kommen an esou virun an esou weider. Mä wann een déi Pist, déi logesch ass a schéngt, wielt, da gëtt et Stëllstand an eng geféierlech Verspéidung, déi net am Sënn an am Déngscht vun de jonke Mënschen ass an och der Erwuessenebildung net weiderhëlleft, mä héchstens schuet.

Et wiisst een och, an duerfir muss een eben Etapp fir Etapp esou maachen, wéi een dat kann. Et weess een, dass mer eis an de Bildungsreformen an dësem Land ganz schwéierdinn, an dass besonnesch déif gräifend Verännerungen ëmmer erëm op e Koup vun Hindernisser stoussen. Ee vu menge Virriedner huet vum sougenannte roude Fuedem geschwat. Et ass eben dee Problem, dee mer hunn, dass et un deem roude Fuedem feelt an där Diskussioun tëschent alle Bedeelegten. En ass kaum sichtbar, well eben d'Kritiken, d'Iwwerleeungen, déi all déi äusseren, oft ze wäit féieren.

Et kënnt derbäi, dass een an där gesamter Bildungsdiskussioun heiansdo déi déif gräifend Verännerung an eiser Gesellschaft ënnerschätzt an domat d'Diskussioun iwwert d'Responsabilitéit am gesamte Bildungswiesen. Wiem sollen da Reformen an der Schoul, an der Beruffsausbildung an esou virun déngen? Der Schoul? Oder solle se de jonke Mënschen déngen? Oder der Ekonomie? Oder dem Léierpersonal? Dat sinn all déi Froen, déi jiddferee vu sengem Standpunkt aus natierlech méi prezis kuckt an och kommentéiert.

An ech kommen do - wat ech ganz am Ufank gesot hunn - op déi gemeinsam Responsabilitéit vun allen Acteuren zréck, op déi prinzipiell Froen, déi gestallt ginn, wou et awer besonnesch wichteg ass, wat fir eng Äntwerte mer op déi Froe ginn, an ob mer bereet sinn, Fuerf ze bekennen. Déi Geleeënheet kréie mer bei der Diskussioun iwwert d'Gesetz vun der Beruffsausbildung respektiv vun der Schoulreform.

Et wier en dauernde Schued, wa mer Fléckwierk géifen hannerloossen duerch eng Anhäufung vu Kompromisser, statt zukunftsorientéiert am Interessi vun de Mënschen, vum Land a besonnesch am Interessi vun eise Kanner ze handelen, well et jo net duergeet, dass mer ëmmer erëm op déi grouss Erausfuerderungen hiweisen, a besonnesch déi, mat deene mer konfrontéiert sinn am Kontext vun enger brutaler, globaliséierter Wirtschaftswelt. Do geet et net duer mat lamentéieren. Do muss een deem offensiv entgéinttrieden.

Et gëtt jo och vill Leit - an ech mengen, ech gehéieren och zu deenen -, déi awer der Meenung sinn, d'Globaliséierung géif och Chancë beinhalten. Ech gleewen drun, dass ënner anerem d'Educatioun, d'Beruffsausbildung an de Wirtschaftswuesstum souwéi d'Standuertvirdeeler fir Industrie- a Wirtschaftspolitik ganz enk zesummenhänken. An engem Land, wat keng Rohstoffer méi huet, mä Matière grise huet a se kann zillen, do brauche mer méi wéi jee héich qualifizéiert an héichwäerteg Aarbechtskräfte mat villfältege Kompetenzen. Dat setzt duerfir och eng héichwäerteg Aus- a Weiderbildung, also Systemer, déi deem gerecht ginn, viraus.

D'Globaliséierung an de Chômage ze bekämpfen duerch eng offensiv Politik, duerch déi bescht Schoul-, Beruffs- a Weiderbildung, dat ass dat, wat mer ze erleedegen hunn. Haut maache mer en Deel dovun. De Gros kënnt no. Et geet derbäi drëm, der Mass vun de Mënschen an dësem Land déi Bildung an all hire Formen zougänglech ze maachen. Dat ass dann net nëmmen am Interessi vun deene Mënschen, mä am Endeffekt och am Interessi vun dësem Land a sengen Iwwerliewenschancen an där Welt, déi nun eemol esou ass wéi se ass.

An dësem Kontext soen ech eben nach eng Kéier: De Projet vun haut huet seng Bedeitung als kuerzfristeg Reaktioun op e Chômage, dee wiisst. Ech sollt vläicht just drop hiweisen: Mir hunn iwwer 2.000 offe Plazen an dësem Land, bei engem Chômage, deen tëschent 10 a 14.000 läit, deemno wéi een e liest oder rechent. An da soen ech: Mat bessere Weiderbildungssystemer misst een dach kënnen déi 2.000 Plazen do besat kréien.

Duerfir ass et néideg, dass et haut emol mat eisem Projet de loi eng Reaktioun an eng Äntwert op dee Chômage, dee wiisst, gëtt, op deen Échec an der Schoul, deen net méi kleng gëtt, an dass een eben deene Betraffenen eng nei Chance kann erméiglechen.

An dësem Kontext ass et och vun enger fundamentaler Wichtegkeet, d'Beruffsausbildung erëm méi attraktiv fir déi jonk Leit ze gestalten. Et ass leider esou, dass CNFPCe bei villen Eltere guer net gutt ugesi sinn. D'Eltere schécken hir Kanner nëmmen dohinner, wa soss guer näischt méi geet. An dësem Kontext ass duerfir d'Ukopplung vu verschiddene Coursen, déi am Kader vum CNFPC organiséiert ginn, un de formale Schoul- an Ausbildungssystem eng gutt Saach - dat soll een ënnersträichen.

Sief et CITP-Coursen am CNFPC oder COIPen an de Lycée-techniquen, si erméiglechen et jonke Leit, déi bis elo, aus wéi engem Grond och ëmmer, net mat eisem Schoulsystem eens gi sinn, erëm etappeweis an de Schoulsystem eranzekommen an domat net a priori als Versoer ofgestempelt ze ginn. Et ass jo eis Verantwortung, jiddferengem, och deem, deen emol eng Kéier versot huet, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, eng zweet Chance ze bidden. Déi huet jiddferee verdéngt.

Zu Recht muss een natierlech drop hiweisen, dass de Statsrot a verschidde Beruffschambere Recht hunn, wa se soen, et ass e gréissere Platzmangel, an duerfir ass et kaum méiglech, d'COIPen an de Lycée-techniquen ze organiséieren. Dat erëm ass e Grond méi, fir eng méi aktiv Baupolitik am Schoulwiesen ze entwéckelen, fir och deene Strukturmängel do entgéintzekommen.

Et ass also noutwendeg, dass mer d'Saachen upaken - mir maachen dat haut -, dass mer dat weiderféiere mat dem Schoul- a Beruffsausbildungsgesetz, an dass mer virun allem dat, wat mer haut maachen, a Saachen, déi mer scho gemaach hunn, mat deene Gesetzer och verfeineren a preziséiere kënnen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Bildung an d'Beruffsausbildung fir Erwuessener oder Jugendlecher, déi am normale System op der Streck bliwwe sinn, muss duerfir eppes Selbstverständleches sinn. An et ass - ech hunn dat scho gesot an ech ënnersträichen et nach eng Kéier - ni ze spéit, fir erëm ze léieren a sech weiderzebilden.

Ech ginn esou wäit, fir ze ënnersträichen: D'Bildung an all hire Formen ass och e Mënscherecht. An d'Flicht, dëst ze erméiglechen, dat ass eng Flicht, déi mer alleguer hunn, besonnesch de Stat, mä och d'Patronat oder d'Beruffschamberen. Do gëtt et jo positiv Beispiller; wéi bei der Privatbeamtechamber, wéi bei Patronatschamberen. Mä et gëtt och privat Initiativen, wéi d'OLAP, Zarabina, den Objectif Plein Emploi oder de Forum pour l'Emploi a wéi se alleguer heeschen, déi alleguer op hir Manéier dozou bäidroen, fir dat Angebot an d'Chance duerfir och méiglechst grouss ze maachen, fir méiglechst eng Mass vu Mënschen dach iergendwéi forméiert ze kréien.

D'Lissabon-Strategie leet zënter 2001 an hiren Objektiver ebe just e ganz grousse Wäert op dat liewelaangt Léieren, awer dat besonnesch a mat Schwéierpunkt op den ekonomesche Grënn, déi domat zesummenhänken. Ech wëll just drop hiweisen, dass 2010 eng éischt Bilanz soll gezu ginn. Entspriechend sti mer dann och als Lëtzebuerger an der Flicht, Neel mat Käpp ze maachen, fir dass mer bei där Bilanz am éischten Drëttel an Erscheinung trieden, an net eréischt zum Schluss.

D'Europäesch Kommissioun huet an engem Bericht vum Oktober 2006 festgestallt, dass insgesamt an der Europäescher Unioun net genuch a virun allem net schnell genuch géif gehandelt ginn. Si hunn dat ganz fei formuléiert andeem se gesot hunn, et géif eng Dichotomie bestoen - eng Doppelzüngegkeet - zwëschent de politesche Rieden an der Realitéit. Dat maach souguer stëmmen, well mer jo gesinn, wéi schwéier mer eis dinn an deenen Debatten an an der Realiséierung vu Gesetzer.

Natierlech geet et och der Kommissioun virrangeg ëm déi wirtschaftlech Suergen a virrangeg ëm d'Fro vun der gréisstméiglecher Kompetitivitéit. D'Kommissioun weist an deem Dokument drop hin, dass et an der gesamter Europäescher Unioun - do ass awer nëmme vun deene 25 Länner geschwat ginn - 72 Millioune Mënsche gëtt - 2004 war dat -, een Drëttel vun der aktiver Bevölkerung, déi net qualifizéiert oder onqualifizéiert sinn, an dass do eben eng Diskrepanz besteet tëschent deem, wat een als Europäesch Unioun an där ganzer Wettbewerbsfäegkeet weltwäit wëllt realiséieren, an der Realitéit um Terrain.

Et gëtt ënnerstrach, dass een Drëttel vun der aktiver Bevölkerung - dat sinn déi 72 Milliounen - kaum Chancen hunn op nei Aarbechtsplazen à la longue. Et gëtt carrément gesot, déi Onqualifizéiert ënnert deenen doten - dat wäerten da ronn 15% sinn -, déi kënne mat Ach und Krach esou eng Plaz fannen, an déi wierklech nei Aarbechtsplaze setzen en Diplôme de l'Enseignement supérieur viraus.

Dat sinn natierlech Aufgaben, déi geschriwwe gi vun de Kommissiounsdéngschter, déi awer ëmmerhin ze denke ginn an déi ee sollten dozou forcéieren, sech domat auserneenzesetzen an ze iwwerpréiwen, wéi wäit dat doten dann am Land hei mat der Realitéit iwwereneestëmmt.

Mä ëmmerhin - an dat wësse mer ouni Zuelen - wësse mer, dass Handlungsbedarf besteet an dass et eben noutwendeg ass, dass d'Methoden an d'Qualitéit vun der Erwuessenebildung ëmmer optimal, onbürokratesch a fir jiddfereen zougänglech musse sinn. An dat bedeit, dass d'Methoden, déi ugewannt ginn, de Mënschen unzepasse sinn, dass finanziell Hëllefe musse kommen - méi kommen -, fir deen Ausbildungswee do nach méi attraktiv ze maachen. Ech hunn dat virdru scho gesot: D'Finanzsituatioun däerf keen Hindernis sinn an deem Beräich.

Bedeitend bleiwen d'Orientéierung an d'Informatioun, déi einfach optimal musse si fir jonk Leit a fir déi, déi sech nei orientéiere mussen. An do hu mer jo de Moien an der Kommissioun am Kontext vum Beruffsausbildungsgesetz driwwer geschwat, dass d'Betriber kaum an der Lag sinn, engem op dräi, véier Joer am Viraus ze soen, wat hir Besoinen dann u Qualifikatioune sinn.

Viru ville Jore si mer mat Beruffer prezis buede gaangen, well mer fir DuPont de Nemours an anerer op eng Kéier ausgebilt hunn, a wéi mer ausgebilt haten, haten déi keng Plaze méi fir déi Leit. An elo soen d'Patrone vu grousse Betriber: Méi wéi 18 Méint viraus gesi mer net. Dat verlaangt da vun der Politik a vun der Schoul, flexibel ze sinn a sech op all Situatiounen anzestellen, am Interessi net nëmme vun de Betriber, mä vun eise Mënschen, déi do hir Aarbecht fannen.

Ech hunn also gesot, mir musse Flexibilitéit hunn, mir mussen am Ugebuet prezis sinn a mir mussen derfir suergen, dass d'Mënschen eng Chance kréien. Mir mussen awer och derfir suergen, dass d'Astellungspolitik an de Betriber esou organiséiert, esou gestalt gëtt - an dat ass net esou einfach, et ass méi liicht gesot -, dass eben d'Mënschen, déi Aarbecht sichen, och eng Chance kréien; an do si mer echt schlecht drun, an ech wëll mech dozou erklären.

Mir hunn zu Lëtzebuerg - a mir soen dat ëmmer erëm, wa mer iwwer Chômage, iwwer Beschäftegungspolitik schwätzen - en atypeschen Aarbechtsmaart och doduerch, well mer en héijen Undeel un Netlëtzebuerger hunn an nach méi en héijen Undeel u Grenzgänger, an eist Land mat anere Problemer duerfir konfrontéiert ass, wéi dat fir vill oder déi meescht aner EU-Länner de Fall ass.

An ech wëll dat esou soen: Den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg ass geprägt vun deem vun der Groussregioun. Dëst risegt Potenzial a Réservoir un Aarbechtskräfte vu jiddfer Aart, vun alle Qualifikatiounen ass fir eist Land e Segen an e Fluch zugläich. Duerfir ass d'Fuerderung vum Patronat no besseren an aneren Ausbildungsméiglechkeeten heiansdo eppes, wat net iwwereneeklappt mat deem, wat ech hir Astellungspolitik oder hiert Ugebuet u Léierplazen nennen, souwuel am Beräich vum CATP, wou dausend Léierplazen d'lescht Joer gemellt gi sinn oder versprach gi sinn, awer laang net erreecht gi sinn, oder och vun de Plazen an der Erwuessenebildung, sief dat am CCM, am Contrat de Capacité Manuelle, oder sief et am CITP, dem Contrat d'Initiation Technique et Professionnelle.

Hei muss ee kloer soen, mir schwätzen elo iwwert de CITP, d'Patrone lehnen deen eigentlech of. D'Patronen ächten eigentlech de CITP. Datselwecht Patronat, vun deem mer erwaarden, dass et genügend Plazen ubitt fir Contrats de Capacité Manuelle. Och do stelle mer fest, dass zum Beispill 2004 979 Demanden do waren, awer nëmme 426 Kontrakter konnte gemaach ginn; 2005 1.013 Demanden do waren, awer nëmme 468 Kontrakter, also kaum 46% zefridde gestallt konnte ginn. An do, stellen ech fest, spillt d'Patronat leider net mat an engem Beräich, deen awer liewenswichteg ass fir déi, déi betraff sinn, mä och fir d'Zukunft vum Land.

An ech wëll do soen - duerfir brauch een net ganz couragéiert ze sinn -, dass deen einfache Wee fir d'Patronen oft dee vun der Astellung vum Grenzgänger ass, nom Motto: Ouni vill Komplikatiounen an Diskussioune fannen ech déi do, déi ech fir mäi Betrib brauch. Awer da klappt dat net iwwerenee mat der, wéi d'Preise soen, „Bringschuld" vun de Betriber. Déi Bringschuld huet vill Facetten, a sief et nëmmen déi, dass et eng Fro och vu Solidaritéit am ganze Land ass, also och eng Fro vu Solidaritéit vun de Patrone vis-à-vis vun de Résidenten, fir deenen eng zweet Chance ze ginn an deenen ze hëllefen aus dem Chômage erauszekommen, ze verhënneren, dass se an de Chômage kommen, ze verhënneren, dass se un der ënneschter Lounskala mangels enger gudder Ausbildung sech erëmfannen.

Dat si Schwieregkeeten, déi muss een ervirsträichen. A wann ee weess, dass kaum 30% vun deene 468 CCM-Absolvente réusséieren, dann ass dat e weidere Problem, deen eis ze denke muss ginn.

Ech wëll duerfir och drop hiweisen, dass d'Restrukturatioun vum CNFPC net an Zukunft däerf heeschen, dass d'Betriber sech aus hirer sozialer Responsabilitéit erauszéien. Wie qualifizéiert Aarbechter fuerdert, muss och gewëllt sinn, sengersäits de Jonke genuch Stagen a Léierplazen unzebidden, an derfir suergen, se och uerdentlech am Stage an an der Léier ze encadréieren.

A mir brauchen eng nei Apprentissage-Kultur an dësem Land an de Betriber, mir brauchen einfach, dass d'Patrone matspillen an net de CNFPCen déi Laascht do iwwerloossen, well da bleift et eng Drëps um waarme Steen, an da brénge mer et kaum fäerdeg, deenen Objektiver, déi mer eis dach setzen an där Matière, gerecht ze ginn.

Ech wollt awer nach eng Kéier op d'Groussregioun zréckkommen. Ech hu gesot, d'Groussregioun ass a Saachen Aarbechtsmaart e Fluch an e Segen zugläich, well se ebe fir d'Lëtzebuerger Betriber dee Réservoir duerstellt, fir all déi gewënschte Qualifikatiounen an nach besserer wéi gewënscht ze fannen, dat ouni Komplikatiounen, ouni dass besonnesch Usprëch gestallt ginn, weder vun de Betriber nach vun de Betraffene selwer. An dat kann net esou sinn!

D'Haaptargument, dass all dat, wat mir hei diskutéieren, décidéieren, nei bürokratesch Problemer bedeit an dass ee sech muss an deem Dschungel do erëmfanne vun Hëllefen, direkten an indirekten, also léiwer iwwert d'Grenz geet, fir säi Problem ze léisen, dat kann net esou sinn.

Ech erënnere mech wéi mer viru ville Joren an der Tripartite ugefaangen hunn iwwert d'PAN-Gesetzer ze diskutéieren, dass do een héichrangege Patronatsvertrieder no deeg-, wochelaangen Diskussioune gemengt huet, dat wier jo alles schéin a gutt, wat mer do geschwat hätten, och un Hëllefen, mä hien huet wuertwiertlech gesot: Mir stelle keen Onkraut an, wa mer anerer kënne kréien. Dat huet mech schockéiert an ech hunn dee Saz e Liewe laang net vergiess. An dat kann net d'Riichtschnouer sinn, wéi hei gehandelt gëtt.

An ech bleiwen dobäi: Et ass eng gesellschaftlech Responsabilitéit, et ass eng Solidaritéit, déi och vun de Betriber, net nëmme vun der Politik, net nëmme vun den Deputéierte ka verlaangt ginn, mä et ass eng Responsabilitéit, déi mer alleguer ze droen hunn. Net nëmmen de Stat ass gefuerdert. Natierlech ass hien dat: Hie muss d'Rahmebedingunge schafen a garantéieren. Mä d'Betriber musse matspillen, d'Eltere musse matspillen, a mir mussen d'Méiglechkeet ginn, dass d'Léiere vun engem Beruff och iwwert den zweete Bildungswee net en noutwendegt Iwwel duerstellt, mä dass et eng echt Chance fir d'Zukunft kann a muss duerstellen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir wäerten och hei am Land net derlaanscht kommen, dann awer eng Kéier an hoffentlech méiglechst kuerzfristeg d'Debatt iwwert d'Realisatioun vun der Schoul vun der zweeter Chance unzefänken.

D'Problemer um Aarbechtsmaart, d'Échecscolairen, d'Réactivatioun vun de COIPen, de CITPen, d'Erwuessenenausbildung an esou viru verlaangen ëmmer erëm no globale Konzepter. Ech mengen, d'École de la deuxième chance kéint dozou eppes bäidroen. D'Viraussetzunge wieren déi, dass déi Schoul en eegent Gebai huet, dass se eege Programmer an Ausbilder huet, dass geziilt virgaange gëtt, pedagogesch, sozial an esou weider, fir dass mer eng méiglechst héich Erfollegsquot am Interessi vun de betraffene Mënschen, mä och de wirtschaftlechen Erausfuerderunge kréien. An och dozou gehéiert nach eng Kéier d'finanziell Begleedung, déi organiséiert muss ginn.

Da kommen ech op de leschte Punkt, wou ech am Ufank de Code de la formation ugeschwat hat um Beispill vum Code du travail. Ech sinn och der Meenung, wa mer bis d'Beruffsausbildungsgesetz verabschit hunn, dass et dann noutwendeg gëtt, e Code de la formation auszeschaffen, fir eben Transparenz dranzekréien an et ze erméiglechen, op ee Bléck Duerchsiicht ze kréien iwwer all dat, wat op deem Plang do ugebuede gëtt.

Ofschléissend: Mir stëmmen haut dëst Gesetz, eben an Erwaardung vun där grousser Beruffsausbildungsreform. Ech soen nach eng Kéier: Ech hoffen, dass dat an dëser Regierungsperiod wierklech ass. Ech hoffen, dass dat an engem breeden, kriteschen an oppenen Dialog vun all deenen, déi bedeelegt sinn, méiglech ass. An ech wënsche mer immens vill Partnerschaft. Déi ass do ubruecht; net Rechthaberei, mä Partnerschaft.

Dann nach eng Kéier: Mir stëmmen dat Gesetz haut, well et eben nei Perspektive fir Aussteiger opmécht, hinnen eng Chance bitt, eben net ausgegrenzt ze ginn, mä eng Chance gëtt, hir Kompetenz an hiert perséinlecht Potenzial fir sech a fir d'Land mobiliséieren ze kënnen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Castegnaro. Nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Viviane Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(DÉI GRÉNG)*.- Voilà! Merci, Här President. Merci, Här Castegnaro fir Äre schréftlechen a mëndleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech widderhuelen elo verschidde Saachen, déi da scho véiermol hei gesot gi sinn. Ech maachen dat awer och kuerz. Ech wäert mech da méi op e puer Remarquë fokusséieren, déi ech am Numm vun der grénger Fraktioun wëll maachen zum Projet de loi, dee mer haut stëmmen.

Et ass och scho gesot ginn: Mir gesinn dat och esou, datt dat eigentlech ee Stéck vun engem Puzzle ass, vun engem Ganzen, an datt schonn eng etlech Stécker wéi de 5501 an och de 5611 hei duerchgefloss sinn, an datt nach anerer an der Maach sinn. Dat déckste Stéck ass sécherlech de Projet de loi iwwert d'Reform vun der Beruffsausbildung.

Mä ronderëm gëtt et nach eng etlech aner Satelliten: wéi Auditen, Etüden, Règlementgrand-ducalen, déi awer och wäerte Wesentleches determinéieren hei an dësem Gesetz; d'Arbeitsamt a säi Service des jeunes; de CEPS a seng zousätzlech Etüden iwwert d'Mesuren; de Projet de loi iwwert de Chômage social; de Rôle vun den A.s.b.l.en an der Beruffsausbildung; de Rôle an de Fonctionnement vun der ALJ, Action Locale pour Jeunes; d'Definitioun vun den Tuteurs op de Stageplazen; d'Internater, nieft der Schoul; d'Kannergeld; d'Altersgrenz vu 25 Joer beim RMG.

Dat alles si Satelliten, déi awer, méi wéi een dat denkt, wann een dat esou gesäit au premier abord, mat deem Projet de loi hei ze dinn hunn. Well dee Projet de loi, esou gëtt en am Fong geholl och e bësse beschriwwen, versteet sech oder sollt sech ausschliesslech verstoen als e Projet de loi, deen da Clarificatioun bréngt an deen och d'Verantwortungsopdeelung mécht vun der Organisatioun a vum Finanzement tëschent deenen zwee Ministèren, dem Ministère du Travail et de l'Emploi op där enger Säit vun der Neier Bréck an dem Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle op där anerer Säit vun der Neier Bréck.

Et besteet och eng gewëssen Urgence - dat fanne mer och am Exposé des motifs bei dësem Projet de loi erëm -, well säit eben dem Juli 2006, wann ech dat gutt an Erënnerung hunn, de Finanzement vu verschiddene Coursen net méi garantéiert ass, well eben net clarifiéiert ass. Sou wéi mir et zum Beispill och konnte feststelle bei där traureger Episod am Ettelbrécker CNFPC, wou dann op eemol kee vun deenen zwee concernéierte Ministërë sech wollt concernéiert fillen a se dunn och e bëssen ënnergedaucht waren. De Misär war an eisen Aen op eng Mësskommunikatioun respektiv op eng Netkommunikatioun zréckzefëieren.

An do weess ech awer net, Madame Brasseur, ob dat elo eréischt säit kuerzem soll esou sinn. Mir hunn éischter d'Gefill, datt déi Mësskommunikatioun tëschent där enger Säit an där anerer Säit vun der Péitruss scho laang stattfënnt, well soss hätte verschidde Saachen awer scho längst missen evakuéiert sinn.

Fir datt dëst dann net méi virkënnt an datt et och kloer gëtt, wat aus wéi engem Dëppen an aus wiem sengem Dëppen organiséiert a bezuelt gëtt, fënnt dann haut dee Vote iwwert dëse Projet de loi statt. Dat ass och eng gutt Saach, déi mir och begréissen, datt d'Regierung sech elo d'Moyenë gëtt, fir Kloerheet ze schafen a fir de Fonctionnement vum CNFPC ze garantéieren.

Elo zu menge Remarquen. Engersäits reduzéiert sech de Projet de loi net ausschliesslech op eng Kompetenzopdeelung tëschent deenen zwee Ministèren, déi dann an de CNFPCe cohabitéieren. Eng ganz Rei vun net onwesentlechen Elementer fanne mer virsiichteg ugeschwat an deenen eenzelnen Artikele vum Projet de loi, wéi notamment d'Méiglechkeet erëm zréck an de Système scolaire ze kommen, wéi d'Méiglechkeet vun den Internater a wéi de Rôle vun der ALJ. Et si wichteg, noutwendeg an och sënnvoll Elementer, déi eigentlech eng grouss Répercussioun op d'Gesamtorganisatioun, souguer op d'Philosophie vun der Beruffsausbildung hunn.

Et steet och ausdrécklech am Gesetz dran, datt d'COIPen, also d'Cours d'Orientation et d'Initiation Professionnelles, net méi ausschliesslech Mesure-antichômagen duerstellen, mä si si Partie intégrante vun der Schoul an der Beruffsausbildung. Och sollen d'CNFPCen an hire praktesche Coursen als Stageplaz fungéieren, haaptsächlech an deene Beruffer an Handwierker, wou et eben net genuch Léierplazen am Privatsecteur gëtt. An heibäi handelt et sech - an dat ass och schonn hei gesot ginn; dat sinn déi Zuelen, déi de Ministère eis och an der Kommissioun matginn huet - ëm schätzungsweis 300 bis 400 concernéiert Jugendlecher pro Joer, déi keng Léierplaz fannen; eben den Zuele vum Ministère no.

Et concernéiert awer och méi oder manner direkt eng ronn 600 Schüler a Schülerinne pro Joer, déi mer ënnert dem besonneschen Titel „Early Leavers" verstinn. Et concernéiert och méi oder manner direkt d'Organisatioun vum Régime préparatoire an de Besoin no enger klorer Definitioun vu sengen interdisziplinäre Kompetenzen, seng Zesummenaarbecht mat deenen aneren noutwendege Gremië wéi d'ALJ, d'ADEM an eben d'CNFPCen. Et concernéiert schlussendlech och d'Beruffschamberen, well mer an de CNFPCe CITPen ausbilden - et si vill Ofkierzungen -, well et elo de CNFPCen duerch d'Gesetz erlaabt ass, eng Léierplaz ze sinn.

Och stelle mer eis Froen: Wat a wéi geschitt an Zukunft mat deem Punkt «L'insertion professionnelle des jeunes à la fin de la formation se fait en collaboration avec les services compétents» de l'ADEM, dat heescht «de l'Administration de l'Emploi»? An ech erënneren un zimlech kontrovers Diskussiounen am Kader vum Projet de loi 5611, wou mer eis net esou richteg eens ware mam Aarbechtsminister, ob déi zousätzlech Leit, déi elo um Arbeitsamt agestallt sinn, fir déi Jugendlech sollen do sinn, oder ob déi elo sollen am Fong geholl dat alles opraumen, wat bis elo de Moment nach am Arbeitsamt staut.

Vläicht, Madame Ministesch, hutt Dir en Ableck dodran.

Wat hunn déi zwee concernéiert Ministèren ausgeschafft, fir genau eng kompetent a fachgerecht Exekutioun vun eben dësem Punkt ze garantéieren? A wéi genau organiséiert sech de Passage vun deem beschriwwene Punkt am Gesetz: «Les cours d'orientation et d'initiation professionnelles peuvent s'adresser également aux jeunes ayant quitté prématurément l'école, afin qu'ils réintègrent le système d'éducation et de formation»?

Wéi e Rôle huet an dësem Kontext de Projet vun de Classe-mosaïquen? Wéi ginn déi eventuell do mat agebonnen? Dat heescht, Schüler, déi fortginn, déi opgefaange ginn, fir vläicht eng Kéier erëm zréckzekommen.

Här President, dëse Projet de loi schneit effektiv wesentlech Punkten un, déi souwuel mat der Schoulformatioun, mat der Orientéierung, mat der Beruffsformatioun, mam Aarbechtsmaart an net zulescht och mat der Cohésion sociale ze dinn hunn. Zum allergréissten Deel sinn et Situatiounen - dat huet d'Ministesch eis och schonn an de Kommissiounssitzungen erkläert -, déi et scho längst gëtt, déi Alldag sinn, souwuel an der Beruffsausbildung wéi an der Noutgérance - wann ech dat esou ka soen - vun de Jugendlechen, déi echt gefährdet sinn, ouni Certificat, ouni Diplom, ouni Aarbechtsplaz, ouni Revenu, schlussendlech och ouni Halt a Stabilitéit ofzerutschen.

De Mérite vun dësem Projet de loi, ausser datt en, wéi gesot, Kloerheet schaaft um pragmateschen Terrain vun der Organisatioun an dem Finanzement, ass sécherlech deen, datt e gesetzlech emol festhält, wat um Terrain lass ass. Situatiounen, déi soss séier wéineg thematiséiert ginn, well se och keng grouss Lobby hunn.

Mä mir fannen et awer als Gréng déck onglécklech, datt d'Léisungsméiglechkeete stéckerchersweis hei kommen. Grad déi Punkten, déi an dësem Projet de loi mat agefloss sinn, fir eemol iwwerhaapt eng Base légale ze hunn, an déi elo duerch Réglements grand-ducaux organiséiert ginn, wären en Haaptbestanddeel vun enger courageiser Reformpolitik a Saache Beruffsorientéierung, Beruffsausbildung a Weiderbildung.

An obwuel dee grousse Brudder - oder och eben déi grouss Schwëster - just hannendrun ass, de Projet de loi 5622 iwwert d'Reform vun der Beruffsausbildung, wou mir all wëssen, datt mer do och nach net esou séier iwwert de Bierg kommen, ass et awer schwéier verdaulech, datt mir haut iwwer Brochdeeler vun enger Reform praktesch e Chèque en blanc musse stëmmen an net wëssen, a wéi eng Richtung verschidden Elementer histeiere wäerten. Elementer wéi d'Action Locale pour Jeunes, Internater, Kollaboratioun tëschent Schoul an Aarbechtswelt, déi mir als Gréng a priori begréissen, mä wou mer haut net wëssen, ob d'Regierung hir Evolutioun esou gesäit wéi mir se gesinn.

De Parallellissem mam Projet de loi 5622 fanne mir ongesond. Et ass e bësse wéi wann een zum Schluss ufänke géif. An de Statsrot ëmschreift et - ech mengen, d'Madame Brasseur war et, déi dat och schonn zitéiert huet; et war mir och opgefall, et ass gutt beschriwwen - als «la cohérence laisse encore à désirer». Ech denken, dat ass effektiv den désagréabelen Arrière-goût, deen dëse Projet de loi eis hei hannerléisst.

Mir wäerten als gréng Fraktioun awer fir dee Projet de loi stëmmen, well mer all Versuch, d'Kloerheet an d'Transparenz an der Gestioun vun de CNFPCen ze verbesseren, ënnerstëtzen. A mir ënnerstëtzen nach méi de Versuch, Kloerheet tëschent deenen zwee Ministèren ze schafen, à défaut fir eng méi intensiv a konstruktiv Kollaboratioun tëschent deenen zwee Ministërë kënnen hei ze ënnerstëtzen. Mä wat nach net ass, kann nach ëmmer kommen.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président. Merci, Madame Loschetter. Dann ass et um honorabelen Här Gibéryen. Här Gibéryen!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'éischt och dem Kolleeg John Castegnaro Merci soen, mengen ech, fir säi wierklech gudde schréftlechen an och virun allem gudde mëndleche Rapport, deen hien de Mëtteg hei zu dësem Projet de loi gemaach huet. Hien huet versicht - an ech mengen, dat ass him och gelongen -, dëse Projet an dee richtege Kontext ze stellen.

Dat Wesentlecht zu dësem Projet ass gesot ginn. Ech mengen, et geet virun allem ëm d'Kompetenzschwieregkeeten tëschent zwee Ministèren, déi mer an der leschter Zäit festgestallt hunn, déi heimadder behuewe ginn. Et kann een natierlech elo soen, et wär nëmmen en Detail, an et hätt ee léiwer gesinn, datt een dat a méi engem globale Kontext hätt kënne léisen. Mä ech mengen, wa mer realistesch sinn, da wësse mer awer, datt et e Problem ass, dee mer kënne kuerzfristeg léisen. An duerfir, mengen ech, soll een och domat averstane sinn, datt dee Punkt elo hei punktuell geléist gëtt.

Well eng gewëssen Urgence hei besteet, datt dëse Punkt geléist gëtt, kréie mer jo duerno och d'Geleeënheet - d'Kommissioun ass amgaangen, iwwert d'Reform vun der Formation professionnelle ze diskutéieren -, eng global Diskussioun, souwuel an der Kommissioun wéi herno och hei an der Chamber, ze féieren, fir grondsätzlech Iwwerleeunge kënne festzestellen.

De Projet u sech, Här President, ass, wéi gesot, e klenge Projet. Dat huet een och de Mëtteg hei un der Diskussioun gemierkt, well de Gros vun der Debatt am Fong net iwwert den Inhalt vum Projet gaangen ass, mä e méi an en allgemenge Kontext gestallt huet. Dat ass awer normal an esou enger Debatt. Et ass och gutt, datt eenzel Deputéierte vun esou Geleeënheeten dann ebe profitéieren, fir déi eng oder déi aner Iwwerleeung mat an d'Diskussioun eranzebréngen.

De Problem, dee sech stellt, ass natierlech, wann een, Här President, als Sechsten an esou enger Debatt un d'Rei kënnt, wou schonn am Projet net vill ze soen ass, a wann een dann nach villes soll soen.

(Interruption)

Dat huet natierlech deen Nodeel: Egal wat ee seet, leeft een de Risiko, datt schonn een et zumindest eng Kéier oder zweemol oder dräimol oder véiermol oder fënnefmol virdrun hei gesot huet. Dat géif natierlech d'Zäit vu jiddferengem Eenzelne staark an Usproch huelen, wann een dat alles géif widderhuelen. De Virdeel awer, deen dat huet, wann een als Fënneften oder Sechsten hei drukënnt, dat ass, datt ee sech ka kuerzfaassen an net alles brauch ze widderhuelen.

Ech hunn also de Choix, vum Nodeel ze profitéieren oder vum Virdeel. Ech hu mech fir de Virdeel entscheet, nämlech fir mech kuerzzefaassen, well ech mengen, datt alles gesot ass, op d'mannst eng Kéier, wann net e puermol, wat zu dësem Projet ze soen ass. Ech géif duerfir d'Zoustëmmung vun eisem Grupp zu dësem Gesetz bréngen.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Dat war kuerz, mä däitlech. Dann den honorabelen Här Jaerling.

M. Aly Jaerling *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Bei esou engem sozial wichtege Projet wéi deem heiten ass et ëmmer eng Freed dem Rapporteur kënne fir säi Rapport ze félicitéieren - haut huet hien der scho praktesch zwee ervirbruecht, déi awer allen zwee exzellent waren -, mä awer och all deenen aneren ze félicitéieren, déi un der Ausaarbechtung vun dësem Projet bedeelegt waren.

Ech hunn och elo d'Méiglechkeet, fir nach eng Kéier all dat ze widderhuelen, wat hei gesot ginn ass. Mä dat erënnert mech awer un en Zitat vum Konfuzius, dee gesot huet: Et brauch een zwee Joer, fir ze léieren ze schwätzen, mä heiansdo brauch een zwee Liewen, fir ze léieren de Mond ze halen.

(Hilarité)

Ech versiche mech dann awer elo hei kuerzzefaassen a mech op dat Wesentlecht ze beschränken.

Den Ursprong vun dësem Projet war effektiv de Problem vun de Responsabilitéiten ze klären, an zwar déi vum Aarbechts- an Educationsministère am Kontext vun der Organisatioun an dem Finanzement vun de Coursen am CNFPC. Besonnesch all déi kleng Kompetenzreiwereien an déi juristesch Onkloerheeten - bon, et sinn net grad klenger gewiescht - hunn derzou gefouert, datt déi Indemnitéiten zum Beispill, iwwert déi nach net geschwat ginn ass hei, déi déi Jonk fir eng Formatioun am CNFPC ausbezuelt kréien, gestoppt gi sinn; wat weder dem Educationns- nach dem Aarbechtsministère an hire Kompetenze wéigedoen huet, mä awer besonnesch deene Jonken an och deenen Elteren, fir déi déi Indemnitéiten awer eng wëllkommen Ënnerstëtzung waren.

Dës Ënnerstëtzung war awer och besonnesch wichteg, grad fir déi groussjäreg Jonk am Alter vun 18 bis 25 Joer, déi eleng dostoungen a vu kenger Säit finanziell ënnerstëtzt goufen, well een eréischt am Alter vu 25 Joer Urecht op den RMG huet an déi betraffe Jonk och ganz oft keen Urecht op Chômage haten.

Och d'Kannergeld, wat jo bis zum Alter vu 25 Joer weiderbezuelt ka ginn, wann een an enger schoulescher Formatioun ass, gouf deene Jonken, déi elengstinn, dann och net méi zougestanen, ebe well den CNFPC bis elo net als Schoul unerkannt war an d'Kannergeldkeess dofir d'Ausbezuele vu Kannergeld bis elo refuséiert huet. Dëst soll jo awer, wann ech elo den Artikel 2.1.1. vun dësem Projet richteg interpretéieren, mat dësem Gesetz geännert ginn, an zwar eben doduerch, datt verschidde Mesuren, zum Beispill de COIP, dee jo och mat dësem Gesetz an de CNFPC integréiert gëtt, net méi nëmmen eleng als eng Antichômage-Mesure ugesi gëtt, mä integral an den Educationns- an an de Formatiounssystem ageglidd ert gëtt.

Dofir, Här President, wär awer trotz allem - well ech sécher sinn, datt et esou ass - meng Fro kloer un d'Madame Ministesch: Leien ech do richteg, wann ech soen, datt deene Jonken tëschent 18 a 25 Joer, déi ab dësem Gesetz elo eng Formatioun maachen, d'Kannergeld op Presentatioun vun engem Schoulzertifikat vum CNFPC zougestane gëtt?

Här President, dëst Gesetz schaaft elo Kloerheet iwwert d'Responsabilitéite vun de Ministèren an iwwert d'Finanzéierung vum CNFPC. Et schaaft awer och eng Indemnitéit fir déi Jonk, déi keng Chance am normalen Ausbildungszyklus hunn. Dës Indemnitéit schaaft op jidde Fall méi Chancëgläichheet, fir dass jiddfereen eng Chance huet eben och an deen zweete Bildungswee eranzekommen, a well och jiddfereen do ouni finanziell Contrainte eben zu enger net grad ganzer, mä awer trotzdeem Deelformatioun ka komme respektiv sech wierklech och, esou wéi et erwënscht ass, op eng weider Formatioun virzebereeden.

Duerfir ass awer elo och erëm eng weider Fro am Kontext vun der Indemnitéit: D'Bezuele vun där Indemnitéit ass fir 2006-2007 gestoppt ginn aus deenen Ursaachen, déi ech virdru gesot hunn, a gëtt elo erëm agefouert, wéi ass et awer elo mat deene Leit, déi säit der Sessioun 2006-2007 an enger Formatioun sinn? Kréien déi réckwierkend hir Indemnitéit ausbezuelt, wat jo u sech richteg wier?

Et misst eigentlech esou sinn, well dee leschten Alinea vum Artikel 2 vum Rapport iwwert den Objet vun dësem Gesetz seet, datt déi ehemoleg Formatiounsindemnitéit, déi vum Aarbechtsminister bezuelt gëtt, duerch d'Dispositioune vun dësem Gesetz erëm agefouert gëtt. Dat heescht also, se huet bestanen. Se war net ofgeschaf ginn, se kann also net erëm ugeschaf ginn. Se huet bestanen, a se gëtt mat dësem Gesetz am Fong erëm reaktivéiert.

Well et ass jo och net deene Betraffenen hir Schold, géif ech awer mengen, datt d'Responsabilitéiten tëschent de Ministèren net kloer definéiert waren. Ech wär och frou, wann ech vun der Madame Minister do eng kloer Äntwert géif kréien.

Här President, dës Gesetzesinitiativ reit sech och an déi am Tripartitesgesetz e bësse festgeschriwwe Philosophie an, méiglechst jiddferengem eng Qualifikatioun mat op de Wee ze ginn a wann et och nëmmen eng deelweis gëtt, fir him eng Chance ze ginn erëm an den initialen Aarbechtsmaart eranzekommen. Wichteg ass och, datt, wann dee Jonken no den ofgeschlossene Coursen am CNFPC keng Aarbecht fënnt, hien dann awer och Urecht op Chômage kritt. Dëst däerf awer net d'Iwwerleeung sinn - an dat ass dat, wat geféierlech ass -, fir sech an déi Coursen anzeschreiwen.

Duerfir stellt sech och d'Fro, ob een déi verschidde Formatiounen, déi um zweete Bildungswee jo meeschtens op ee Joer beschränkt sinn, net soll versichen ze verlängeren, fir weider Chancen opzebauen a fir e bessert Formatiounsresultat ze kréien. Dat zwar natierlech am enke Kontakt mat de Betriber iwwert de Wee vu Schnupperléieren oder aneren Integratiounsméiglechkeeten a Betriber, well den initiale But muss jo awer d'Integratioun an den Aarbechtsmaart sinn.

Mä ech maache mer och scho länger Gedanken iwwert deen éischte Bildungswee, wou mer am Fong an der Formation professionnelle engersäits den duale Wee hunn, wou Patron a Schoul zesumme sinn, wou eng Lehrlingsentschiedegung bezuelt gëtt, an op där anerer Säit awer och aner Leit Formatioun, Beruffsausbildung maachen, déi se dann awer iwwert d'Schoul maachen, an do keng Ënnerstëtzung kréien.

Et wär awer gutt, fir do och eng Chancëgläichheet ze schafen an och vläicht erëm méi Leit op dee Wee ze kréien, dat heescht an eng Lehrlingsausbildung eranzekréien, fir deenen och eng Ënnerstëtzung ze ginn, fir se domadder och méi ze incitéieren, fir eben eng Léier unzefänken, egal ënner wat fir enger Form datt et ass. Dat géif awer och eng Rei Elteren ënnerstëtzen, well mer wësse jo awer ganz genau, datt och mat deene Paien, déi d'Elteren haut hunn, se sech net ganz vill kënnen erlaben, fir hir Kanner länger an d'Schoul ze schécken, well d'Ënnerstëtzunge sinn do och net esou grouss.

Wat fir mech awer wichteg ass - an dat schéngt och ëmmer erëm e bëssen an der Diskussioun vergiess ze ginn -, dat ass, datt d'Aarbecht ëmmer nach muss méi Wäert behale wéi doheem ze bleiwen. Ech mengen, dat muss an alle Beräicher en Objektiv sinn. Dat muss och en Objektiv sinn, wa mer iwwer aner sozial Moossnamen diskutéieren. D'Aarbecht muss ebe méi Wäert behale wéi doheem ze bleiwen, fir datt d'Leit net a Versuchung kommen, léiwer doheem ze bleiwe wéi schaffen ze goen.

Här President, ofschléissend wëll ech nach bemierken: Et däerf awer an Zukunft net méi esou sinn, datt nëmmen an d'Wirtschaft investéiert gëtt. Et muss endlech och emol erëm méi an de Mënsch investéiert ginn. A besonnesch, wa mer wëllen an de Mënsch investéieren, dann a seng Educatioun. Ech mengen, dat ass jo kloer, de Wëllen ass do, mä da méi intensiv. Wann och elo deen een oder deen aneren hei wäert behaapten, ouni floréierend Wirtschaft géif et keng Aarbecht, Här Grethen, dann halen ech deem dergéint: Ouni de Mënsch gëtt et och keng Wirtschaft.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo ofschléissend déi zoustänneg Ministesch, d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll fir d'éischt menge Virriedner Merci soe fir dee räichen Débat, a besonnesch dem Rapporteur, dem Här Castegnaro, fir säi schréftlechen a säi mëndleche Rapport.

Ech mengen, ech kommen als Allerlescht.

(Hilarité)

Alles ass vu jiddferengem gesot, an et kann een dee Projet, deen elo e Gesetz gëtt, dohinnerstellen als klenge Projet oder als e grousse Projet, als e wichtegen oder en onwichtegen. En huet zwou Finalitéiten. Och do kann een e Choix maachen: Engersäits eng Réforme administrative, méi Transparenz schafen, an anerersäits e klenge Schrëtt an der Verbesserung vun der Qualifikatioun vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen an an d'Schoul ginn.

Ech ka mat deenen zwee Objektiver liewen. Ech fannen se allen zwee justifiéiert. Ech verstinn och net, firwat een doriwwer ironiséiert. Ech gesinn nämlech net, wat de Prétexte dovunner ka sinn. Et geet net - dat wëll ech och hei ganz kloer preziséieren - einfach ëm e primitiivt Gerangel zwëschen zwee Ministeren oder zwee Ministèren. Et geet ëm eng Clarificatioun, eng Klärung vu verschiddenen Notiounen. Dat gëtt also eng fundamental Diskussioun iwwert: Wat ass d'Zil vun deene Coursen am CNFPC oder an A.s.b.l.en, déi ähnlech Coursen ubidden? Wat ass d'Zil dovunner?

Déi Diskussioun hu mer zesummen am Summer gefouert, a mir hunn dorauser zesummen e Projet de loi gemaach. Wann d'Leit am November e bëssen nervös gi sinn iwwer aner Diskussiounen, well do och eng falsch Interpretatioun vum Conseil d'État, eng Erreur matérielle, war, da gesinn ech nach ëmmer net wat dorunner esou witzeg ass. Bei eis geet et elo drëm, fir ze soen: Déi Coursen, déi mer am CNFPC ubidden, dat si verschiddener.

Ech wëll och kloerstellen, dass dat vun Ufank un, säit et CNFPCe gëtt - an am Gesetz vun 1979 si se geschafe ginn -, schonn am Artikel 22 vun deem Gesetz stoung. Ech liesen Iech dat vir, well hei gesot ginn ass, d'CNFPCe wären nëmme gegrënnt ginn, fir Formation continue ze maachen. Dat ass falsch. Si haten dräi Objektiver:

Éischtens: «aider les personnes titulaires d'une qualification professionnelle à adapter leur formation de base à l'évolution du progrès technique». Dat ass also d'Formation continue.

Si haten awer och schonn deemools: «donner aux personnes qui ont satisfait à l'obligation scolaire sans avoir obtenu de qualification professionnelle la possibilité d'acquérir une formation professionnelle élémentaire dans un système de formation accélérée». Dat ass also déi Missioun, déi elo ëmmer als COIP, also Cours d'Orientation et d'Initiation Professionnelles, bezeechent gëtt. Dat war schonn am Urgesetz vum CNFPC dran. D'CNFPCen haten also ëmmer déi duebel Finalitéit. An dat huet och derzou bäigedroen, dass eigentlech och ëmmer zwee Ministeren zoustänneg derfir waren.

Fir mech ass et elo wichteg - ech hale vill vun deem Prinzip -, dass deen, deen eppes organiséiert, et och finanzéiert. Et ass esou gewiescht, dass am CNFPC de Ministère vun der Éducation nationale an der Formation professionnelle Coursen organiséiert, dann ass d'Rechnung an de Ministère du Travail gaangen, an dann ass zum Fonds pour l'Emploi gesot ginn: Da bezuelt Dir elo.

Dat ass jorelaang esou gaangen. Dat ass heiansdo besser gaangen an heiansdo méi schwiereg. Mä ech fannen dat kee gesonde Prinzip. Deen, deen eppes organiséiert, mengen ech, soll och d'Budgetsmoyenen hunn, fir et kënnen ze finanzéieren, fir eben

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

ze verhënneren, dass do éiweg Diskussioune sinn. Duerfir fannen ech dat Objektiv vum Gesetz hei, wat mer domadder erfëllt hunn - dee Ministère, deen eppes organiséiert, dee bezilt et -, nëmme richteg. An ech denken, dass dat am Sënn vun enger Réforme administrative ass, iwwer all aner Diskussiounen eraus.

Deen zweete Volet vun deem Gesetz, dat ass dann d'Cours d'orientation et d'initiation professionnelle ze preziséieren. Wat ass dat? Och do ass eigentlech laang diskutéiert ginn. Sinn dat Schüler oder sinn dat eigentlech Leit, déi am Chômage ageschriwwe sinn, an déi als jonk Chômeurë behandelt ginn? Dat sinn eigentlech zwou verschidde Philosophien. Dat huet och mat sech bruecht, dass jiddfereen, dee sollt an e Cours goen am CNFPC oder an ähnlech Coursen, eigentlech obligéiert ginn ass sech beim Arbeitsamt als Demandeur d'emploi anzeschreiwen.

Do waren awer Leit - Jonker a manner Jonker - derbäi, déi eigentlech net onbedéngt Demandeurs d'emploi waren, mä déi wollten eng Formatioun maachen, fir sech besser auszebilden, fir sech weiderzebilden oder fir eng Formatioun ze kréien. Do ass mat Recht gesot ginn: Firwat mussen déi sech als Demandeur d'emploi aschreiwen, wa se net onbedéngt Demandeurs d'emploi sinn? Duerfir hu mer déi Saache getrennt a gesot: Déi Cours d'orientation et d'initiation professionnelles, déi hunn net direkt den Accès zu engem Emploi als Finalitéit. Wann dat doraus erauskënnt, ass et gutt.

Also - an dat ass och eng wichteg Clarificatioun, fir op dem Här Jaerling seng Fro ze äntweren - sinn dat Coursen, déi ënnert der Responsabilitéit vun der Éducation nationale organiséiert ginn. Déi gehéieren also zum formale Schoulsystem. Also sinn dat Schüler. Also ass och déi Fro gekläert, dass déi Kannergeld kréien, wa se an deenen dote Coursen ageschriwwe sinn; esou laang an ënnert de Konditioune wéi ee Kannergeld kritt selbstverständlech.

Well dat war ëmmer eng Diskussioun, wou gesot ginn ass: Majo, déi kréie jo keen Zertifikat vum formale Schoulsystem. Also si se keng Schüler. Also kréien se kee Kannergeld. Mat dësem Gesetz ass also kloer, dass se Kannergeld kréien. An ech mengen, dat ass och eng wichteg Clarificatioun fir déi Leit.

Vu dass dann déi Leit net méi onbedéngt als Demandeurs d'emploi ugesi ginn, kann et jo virkommen, dass se keng Indemnisatioun kréien iwwert de Fonds pour l'Emploi. Ech sinn awer der Meenung, dass jiddfereen zu Lëtzebuerg misst d'Recht hunn, fir sech kënne weiderzebilden oder sech kënnen auszebilden, Jonker a manner Jonker, an dass mer also an deem Fall e System vun Aidë missten ausschaffen, fir deenen ënnert den Aarm ze gräifen.

Dat heescht also elo, dass een net automatesch, well een an engem Cours ageschriwwen ass, einfach eng Indemnitéit kritt. Mä Jonker ënner 18 Joer, déi also an enger Famill opwuessen, déi net op Rouse gebett ass, déi kënnen eng Demande maachen, fir eng Ënnerstëtzung ze kréien. Sou wéi e Schüler aus enger Famille nécessiteuse kann eng Demande maache beim CPOS, fir eng Aide ze kréien, esou kënnen déi hei eng Demande maachen, an da kënnen se eng Hëllef kréien.

Dat ass bei de Mineure 25 Euro de Mount. Dat heescht, dat ginn 167 Euro. Dat ass elo net eng Hëllef fir ze liewen. Also et ass net en Ersatz oder genuch, fir ze liewen, mä et ass eng Ënnerstëtzung fir verschidden Dépensen. Dann hu mer d'Kategorie vun de Majeuren, mä ënner 25 Joer. Vu 25 Joer un, kann ee jo den RMG kréien; bis 25 net. D'Kategorie also vun de Majeuren tëschent 18 a 25, déi kënnen ënnert de Konditioune vum RMG eng Indemnitéit kréien, déi ka bis zu 882 Euro de Mount sinn. An dann hu mer déi iwwer 25 Joer, déi géifen ënnert d'Konditioune vum RMG falen.

Wat mer och agefouert hunn - dat ass nei an dësem System -, dat ass eppes am Fall, wou e Jonken oder jiddfereen, deen an engem Cours vun Orientation et initiation professionnelles war, an deen duerno eng Léierplaz fonnt huet. D'Zil vun deene Coursen ass et jo fir d'Leit entweder an de Lycée Technique zréckzebréngen, deemno op wéi engem Niveau se sinn - Huitième, Neuvième -, oder, nach besser, en an eng Léier eranzebréngen. Also, wann déi d'Zil erreecht hunn, fir e Léiervertrag ze kréien, a si si sechs Méint dran, da kënnen se eng Prime kréien. Sou wéi d'Studenten eng Prime kréien, wa se den Exame packen, esou kréien déi hei eng Prime, wa se no sechs Méint nach an engem Contrat d'apprentissage sinn. Dat sinn d'Neierungen am Gesetz.

Da wéilt ech nach eppes soen: Dat ass kee grousse Worf, gëtt hei gesot. Och domadder sinn ech d'accord. Mir sinn amgaangen u grousse Projeten ze schaffen. Deen ee grousse Projet ass d'Reform vun der Formation professionnelle, wou d'Gesetz déposéiert gëtt. En anere grousse Projet, wou mer amgaange sinn drun ze schaffen, ass d'Reform vum Gesetz vun 1912, wou ech hoffen, dass et an zwee Méint hei an d'Chamber wäert kommen.

Mä ech perséinlech gleewe jo net, dass e Gesetzestext ee Problem léist. E Gesetzestext soll e Kader schafen, fir dass déi Leit, déi um Terrain sinn, d'Konditiounen hunn ënnert deenen se kënne schaffen. An d'Reform, mat där mer amgaange sinn, an déi mer alleguerte mussen droen, dat ass jo fir et jiddferengem hei zu Lëtzebuerg méiglech ze maachen zu där héchstméiglecher Qualifikatioun ze kommen, déi en erreeche kann.

An do geet et selbstverständlech scho bei deene ganz Klengen un, well wat mer méi Kanner duerch d'Primärschoul kréien, mat deene Kompetenzen, déi ee brauch, fir weiderzestudéieren, wat mer manner Léisunge musse siche goen, fir hei eng zweet Chance anzebauen. Well déi Cours d'orientation et d'initiation professionnelles, dat ass eng zweet Chance fir Leit, déi um éischte Wee net réusséiert hunn an der Schoul, eng Chance ze ginn, fir um zweete Wee awer zu enger Qualifikatioun ze kommen. A mäin Zil - an eist Zil alleguer, denken ech - ass et méiglechst mann Leit mussen an dës Strukturen ze ginn, a méiglechst vill Leit an deem éischten Usaz duerch eise Schoulsystem ze bréngen.

An dofir, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, brauch ee ganz, ganz vill Riedercher, déi zesummen an déiselwecht Richtung dréinen. Dat hei ass e klengt Riedchen. Ech si stolz, an ech soen lech villmools Merci, dass dee Projet hei de Mëtteg ka gestëmmt ginn.

Da wollt ech nach ee Wuert soen zu der Motioun vun der Madame Brasseur, oder vun der DP, déi vun der Madame Brasseur déposéiert ginn ass. Déi invitéiert d'Regierung, mir sollen an de meilleurs délais e Projet maachen, fir Infrastrukturen zu Ettelbréck fir de CNFPC, an Infrastrukture fir e CNFPC am Zentrum vum Land. Dat si jo Objektiver, wou ech denken, dass heibanne keen dergéint ass. Mir jäizen no Infrastrukturen. An d'Madame Brasseur, wann ech net wéisst, dass se awer fënnef Joer laang Educatiounsministesch gewiescht wär, da géif ech mengen, si wär naiv,...

(Interruption)

...well ech kann elo e Projet de loi maachen a soen: Hei, elo baue mir e Centre de formation professionnelle continue; mä ech hu keen Terrain, fir drop ze bauen.

Éischtens bauen ech net, mä ech schwätzen hei am Numm vun der Regierung. Mir sinn amgaang zu Ettelbréck Pourparlere fir en Terrain ze kréien. Dat gesäit och gutt aus. Mir sinn och amgaang e Programm auszeschaffe fir e Centre de formation professionnelle hei am Zentrum. Ech kann awer net soen, dass ech dat an de meilleurs délais maachen, well an de meilleurs délais kënne mir nëmmen e Projet heihinner bréngen, wa mer e fäerdegen Terrain hunn, wou mer Propriétaire sinn.

(Interruption)

Dofir géif ech mengen, mir wäre realistesch genuch fir déi Motioun hei ënnert där Form do net unzehuelen.

Ech soe Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi. D'Ofstëmme fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5593 ass ugeholl mat 50 Jo-Stëmmen, bei 10 Abstentiounen a kenger Géigestëmm natierlech.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par Mme Martine Stein-Mergen), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roland Schreiner), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Alexandre Krieps) et Carlo Wagner.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Mir hunn dann nach d'Motioun, déi déi honorabel Madame Brasseur déposéiert huet. Ass de Vote électronique verlaangt, Madame Brasseur?

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- Här President, wann ech d'Madame Minister richteg verstanen hunn, wier se d'accord mam Text, wann ee géif «dans les meilleurs délais» sträichen.

(Interruption)

Vu dass ech jo awer wëll, dass d'Chamber sech soll expriméieren, dass mer wierklech d'Regierung sollen invitéieren, d'Gebai vum CNFPC vun Ettelbréck ze amélioréieren, auszebauen, well dat wierklech néideg ass, a vu dass mer och der Meenung sinn, dass mer mussen esou eng Infrastruktur am Zentrum vum Land kréien, ass mer wierklech dru geleeën, dass d'Chamber déi Motioun hei stëmmt. An d'Madame Minister huet jo gesot, wann een «dans les meilleurs delais» géif sträichen, da kéint si se am Numm vun der Regierung unhuelen. Duerfir wier ech d'accord déi Termen ze sträichen, allerdéngs an der Hoffnung, dass awer déi Projeten elaboréiert ginn, well se si wichteg!

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Wat ass d'Haltung zu där modifizéierter Motioun?

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Ech hat net gesot, dass, wann «dans les meilleurs délais» gestrach wär, ech da géif d'Chamber opfuerderen, fir déi Motioun ze stëmmen, Här President.

Mme Anne Brasseur *(DP)*.- An deem Fall froen ech de Vote électronique a selbstverständlech bleift «dans les meilleurs délais» stoen, well mer awer fannen, dass et eng Urgence ass. Ech géif da bieden, dass mer elektronesch sollen driwwer ofstëmmen, iwwert déi Versioun wéi d'DP-Fraktioun se eraginn huet.

M. le Président.- De Vote fänkt un iwwert d'Motioun an hirer originaler Fassung.

Vote

D'Motioun vun der Madame Brasseur ass ofgelehnt: 38 Membere vun der Chamber hu sech dergéint ausgeschwat, 15 mat Jo a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roger Negri), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry).

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat sinn Ännerungsvirschléi vum Chamberreglement. Den honorabelen Här Gibéryen ass Rapporteur vun den Ännerungsvirschléi an hien huet elo d'Wuert.

3. 5671 - Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés

Rapport de la Commission du Règlement

M. Gast Gibéryen *(ADR), rapporteur*.- Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, a fënnef Sitzungen huet d'Commission du Règlement zéng Ännerunge respektiv Ergänzunge vun eisem Reglement diskutéiert an eestëmmeg ugeholl.

Déi éischt Ännerung betrëfft den Artikel 15. Den aktuellen Artikel 15 huet virgesinn, dass de Büro vun der Chamber de Groupes politiques et techniques déi néideg Büroen an Installatiounen zur Verfügung stellt, esou wéi op d'Proportionalitéit berechent Fonctionnementskreditter. Des Weidere kruten d'Groupes politiques et techniques Kreditter, fir Personal ze beschäftegen.

Den neien Artikel 15 gesäit elo vir:

1. dass de Büro vun der Chamber de Groupes politiques et techniques an der Sensibilité politique, esou wéi et an der Praxis schonns ass, déi néideg Büroen an Installatiounen zur Verfügung stellt, esou wéi Fonctionnementskreditter, berechent op der Proportionalitéit;

2. dass d'Groupes politiques et techniques e Recht op Remboursementer fir Personalkreditter hunn; an

3. dass de Büro ënner Konditiounen de Sensibilités politiques och e Remboursement fir Personalkreditter accordéiere kann.

Déi zweet Ännerung betrëfft en Zousaz am Artikel 25-1. D'Gesetz vum 15. Juni 2004 iwwert d'Organisatioun vum Service de Renseignement huet am Chapitre 5 de Contrôle parlementaire vum Service de Renseignement agefouert. Am Artikel 14 gouf festgehalen, dass dëse Contrôle duerch eng Commission de contrôle parlementaire, déi sech aus de Presidente vun de Groupes politiques zesummesetzt, duerchgefouert géif ginn an dass d'Regelen, wéi dës Kommissioun géif fonctionnéieren, am Chamberreglement géifen definéiert ginn.

D'Kontrollkommissioun iwwert de Service de Renseignement huet eng dem Gesetz entspriechend Propositioun iwwert d'Regelen, wéi dës Kommissioun fonctionnéiere soll, ausgeschafft. D'Reglementskommissioun huet sech dëse Propositiounen ugeschloss a proposéiert am Artikel 25-1, dës Bestëmmungen als Annex 1 vun eisem Reglement festzehalen.

Déi drëtt Ännerung betrëfft en Zousaz am Artikel 35 (7). Hei handelt et sech ëm den Temps de parole bei Resolutiounen a Motiounen. Dir wësst, datt mer oft heibanne kontrovers diskutéiert hunn, ob een d'Riedezäit vu Motiounen a Resolutioune kéint mat der normaler Riedezäit vun engem Rapporteur, Interpellant, Auteur vun engem Débat oder engem soss ageschriwwenen Auteur oder Regierungsmember kéint verbannen.

D'Reglementskommissioun proposéiert den Artikel 35 (7) duerch en zweeten Alinea ze ergänzen, dee preziséiert, dass d'Riedezäit vu Motiounen a Resolutiounen net mat der Riedezäit vum Rapporteur, Interpellant, Auteur vun engem Débat oder soss engem